



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. 7634 - Projet de loi modifiant la loi du 17 juillet 2020 portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 et modifiant :

1° la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments ;

2° la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments

- Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo

- Discussion générale : M. Claude Wiseler (dépôt des motions 1 et 2) - M. Gilles Baum (interventions de Mme Martine Hansen, M. Claude Wiseler et M. Marc Baum) - Mme Josée Lorsché - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum (interventions de M. André Bauler et M. Sven Clement) - M. Sven Clement (interventions de M. le Ministre François Bausch et M. Marc Goergen) - M. François Bausch, Vice-Premier Ministre (parole pour fait personnel) (interventions de M. Sven Clement) - M. Jeff Engelen (parole après ministre) (interventions de M. le Ministre François Bausch et M. Gast Gibéryen) - M. le Ministre François Bausch (interventions de M. Gast Gibéryen)

- Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - Mme Martine Hansen (parole après ministre) - M. Fernand Etgen, Président - Mme Martine Hansen - Mme la Ministre Paulette Lenert (intervention de Mme Martine Hansen)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motions : M. Georges Engel

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

- Motion 2 : M. Jeff Engelen

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

3. 7513 - Projet de loi portant modification de la loi du 5 juillet 2016 autorisant le Gouvernement à participer au programme multinational « Multi-Role Tanker Transport » (MRTT)

- Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense : Mme Stéphanie Empain

- Discussion générale : M. Jean-Marie Halsdorf - M. Gusty Graas - M. Dan Biancalana - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Baum (dépôt de la motion 1) - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Défense (intervention de M. Jean-Marie Halsdorf) - M. Marc Goergen (parole après ministre) - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. Marc Baum (parole après ministre) - M. Jean-Marie Halsdorf (parole après ministre) - M. le Ministre François Bausch

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : M. Georges Engel - M. Marc Baum

4. 7600 - Projet de loi relative à la construction et à l'équipement d'un nouveau bâtiment pour les Archives nationales, et à l'aménagement des alentours

- Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back

- Discussion générale : M. Serge Wilmes - M. André Bauler - M. Dan Biancalana - M. Jeff Engelen - M. David Wagner - M. Marc Goergen

- Prises de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics - Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 7513 - Projet de loi portant modification de la loi du 5 juillet 2016 autorisant le Gouvernement à participer au programme multinational « Multi-Role Tanker Transport » (MRTT) (suite)

- Motion 1 (suite) : M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire - M. Marc Baum - M. Marc Spautz - M. Fernand Kartheiser - M. Sven Clement - M. Georges Engel - M. le Ministre Franz Fayot (intervention de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) - M. Marc Spautz (parole après ministre) - M. Marc Baum (parole après ministre)

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

6. 7623 - Projet de loi portant modification de la loi du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19

- Rapport de la Commission de la Justice : M. François Benoy

- Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 7626 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale

- Rapport de la Commission de la Justice : Mme Carole Hartmann

- Discussion générale : M. Charles Margue

- Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice (interventions de M. Charles Margue et Mme Nancy Arendt épouse Kemp)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

8. 7624 - Projet de loi portant modification :

1° de la loi du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

2° de la loi du 24 juin 2020 portant introduction d'une mesure temporaire relative à l'application de l'article 12 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain dans le cadre de la lutte contre le Covid-19

- Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes : M. Dan Biancalana

- Prise de position du Gouvernement : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

9. 7627 - Projet de loi portant dérogation temporaire aux articles L. 524-1, L. 524-2, L. 524-5, L. 541-1 et L. 541-2 du Code du travail

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel

- Discussion générale : M. Aly Kaes - Mme Carole Hartmann - M. Carlo Back - M. Marc Baum - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

10. 7543 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

- Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense : Mme Stéphanie Empain (dépôt de la motion 1)

- Discussion générale : Mme Diane Adehm - M. Claude Lamberty - M. Dan Biancalana - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure (interventions de M. Sven Clement et M. André Bauler)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : Mme Diane Adehm - Mme Stéphanie Empain

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

11. Discours

- M. Fernand Etgen, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch et M. François Bausch, Vice-Premiers Ministres ; Mme Paulette Lenert, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding, M. Henri Kox et M. Franz Fayot, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► M. Fernand Etgen, Président.- Ech maa-chen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

2. 7634 - Projet de loi modifiant la loi du 17 juillet 2020 portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 et modifiant :

1° la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments ;

2° la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments

Mir fänken d'Sitzung vun haut de Mëtteg u mam Projet de loi 7634 iwwert d'Afféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

► M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, „jamais deux sans trois“ heescht et esou schéin op Franséisch. An an dësem Fall passt et, oder bal.

De Projet de loi 7634 ass deen drëtten Projet, wann een emol dovun ofgesäit, datt ee vun de Projeten nach an zwee gedeelt war, dee mer nom Enn vun dem État de crise an nëmmen eng Woch nom Vott vum Projet 7622 hei diskutéieren a viraussichtlech och stëmme wäerten.

Wéi et sech scho bei der Diskussioun iwwert dee leschte Projet ugekënnegt hat, ass de Virus erëm an d'Offensiv iwwergaangen. Sou goufen déi lescht Woch vum 13. bis den 19. Juli hei zu Lëtzebuerg 684 Persounen positiv op de Coronavirus getest. Déi Woch virdu waren et der nach 401; ech wollt bal soe „just“, awer ëmmerhin nach 401.

Onofhängeg vun der weltwäit eemoleger Test-campagne hei zu Lëtzebuerg an der Tatsaach, dass bei eis zu Recht och déi Noperen, déi bei eis schaffen, matgetest ginn, ass kloer, datt d'Zuel vun den Neiinfektiounen eropgaangen ass, och wa se sech glécklecherweis net iwwerschloen huet, wéi dat nach am Mäerz an am Abrëll de Fall war.

Den Altersduerschnitt vun de Persounen, déi sech infizéiert hunn, läit aktuell bei ronn 35 Joer géintwuer 46 Joer am Mäerz an am Abrëll. E betrëfft deemno eng Populatioun, déi a priori manner vulnerabel ass. De groussen Usturm op d'Spideeler a virun allem op d'Intensivbetter ass bis elo ausbliwwen, och wann d'Zuele lues, awer konstant eropginn. D'Zuel vun den Doudesaffer ass stabill, och wa viru Kuerzem leider e weidere Stierfäll derbäikomm ass.

Mat der weiderer Verbreedung besteet de Risiko, datt de Virus ëmmer méi all Beräicher vun

der Populatioun an all Altersklassen treffe kann, mam Risiko, dass dann och d'Zuel vun den Hospitalisatiounen an och déi vun de Soins intensifs weider klamme kënnen.

Fir ze verhënneren, datt de Virus sech weider verbreet an d'Zuele viruklammen, brauche mer e ganzen Arsenal vu Moossnamen, dorënner och méi streng Restriktiounen, awer beileiwen net nëmmen. De Projet de loi, iwwert dee mer haut diskutéieren, gesäit duerfir eng Rei vu weidere Restriktiounen an och Sanktiounen vir.

D'Erfahrungen an d'Zuele weisen, dass e ganz groussen Deel vun den Neiinfektiounen am private Beräich geschéien, awer - an dat muss een ënnersträichen - net nëmmen. Déi Zuel, déi steigt, spreet sech relativ wäit an eng ganz Rei vun Infektiounsherden. Et ass also net esou einfach fir ze soen, et ass nëmmen do, mee et ass an enger ganzer Rei vu Beräicher. Ech brauch net dorop zrëckzekommen, well mer dat virgëschter bei der Diskussioun iwwert d'Testserie gemaach hunn.

Fakt ass awer, dass de private Beräich besonnesch beträff bleift a mer duerfir den Hiewel och prioritär am private Beräich usetzen. Am Kloertext heescht dat, dass an Zukunft d'Zuel vu Leit, déi sech kënnen bei eis doheem treffen, op zéng limitéiert gëtt. Déi zéng, dat ass wichteg ze preziséieren, komme bei déi Leit derbäi,



déi am Haushalt, am Haus wunnen. Et ass also, wann een eng Famill huet vun zwee oder véier Leit, da kommen zwee oder véier Leit bei déi maximal zéng Leit derbäi, déi mer bei eis doheem kënnen empfänken. Dat ass ganz kloer och aus den Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten, erauskommen. Dat ass och preziséiert ginn am Rapport an et ass och preziséiert ginn am Text. Also Kloertext: Zéng Leit kënnen mer bei eis doheem empfänken. Mir musse keng zéng Leit doheem empfänken, mee bis dohi gëlle keng Zwangsregelen, mee gëllen awer déi elementar Virsiichtsregelen, well och wann een nëmmen zu dräi, véier oder sechs ass, kann een deen aneren ustiechen.

A wéi de Gilles Baum, dee viru mer setzt, dat als gudder Pedagog erkläert huet, gëllt och do de Prinzip vum HOM: Hänn wäschen, Ofstand halen, Mondschtz undoen, wann ee sech an déi aner wëllt schützen.

Dann huet sech erausgestallt, dass et Persounen gëtt, déi sech net un d'Quarantän oder den Isolement halen, obscho se infizéiert sinn oder e grouse Risk hunn, infizéiert ze sinn. Dat ass an der jëtzege Situatioun onverantwortlech. Et ass egoistesch a wäert an Zukunft och sanktionéiert gi mat Geldstrofe vu 25 bis 500 Euro.

Am Horeca-Beräich hält sech eng grouss Majoritéit vun den Acteuren a Responsabelen un déi virgeschriwwene Konditiounen vun den obligatoreschen Sätzplazen, der Distanz zwëschen den Dësch, der Fermetur, dass d'Leit mussen am Sätze konsumméieren, mee, mee, mee mir gesinn, dass et och do schwartz Schof gëtt, déi ëmmer nees d'Reegele mëssuechten, net respektéieren.

Dat neit Gesetz soll et erlaben, am Widderhuelungsfall niewent der Verduebelung vun de Strofen, also vu maximal 4.000 op 8.000 Euro, och den Droit d'établissement fir eng begrenzt Zäit vun dräi Méint ze suspendéieren. Doriwwer eraus verléieren dës Betriber hiert Recht op eventuell finanziell Hëllef, déi fir d'Offiedierung vun de Konsequenzen vun der Pandemie geschaf goufen. Dës Strofen applizéiere sech just fir d'Zukunft an hunn also keen Afloss op Hëllef, déi schonns ausbezuelet goufen.

Dës nei Restriktiounen wäerten, wa mir d'Gesetz haut stëmmen, deen Dag no der Publikatioun am Memorial a Kraaft treden. Do huet de Conseil d'État zu Recht nach eng Kéier drop higewisen, dass et wichteg ass, dass et keng ongewollt Iwwerschneidung gëtt. Dofir, wann d'Gesetz verëffentlecht gëtt, trëtt d'Gesetz deen Dag duerno a Kraaft a wäert virausiichtlech oder provisoiresch lafe bis den 30. September, vu dass et eng Ofännerung ass vun deem Gesetz, wat mer mat Lafdauer bis den 30. September gestëmmt hunn, wa mer et net verlängeren, wa mer net an deenen nächste Woche mat Evolutiounen konfrontéiert ginn, déi keen, kee sech heibannen an och keen dobausse sech wënscht.

An der Urgence vun der Situatioun hunn hei all Instanzen an enger Rekordzäit geschafft, fir kënnen schnell ze reagéieren. De Projet, ech wëll just dorun erënneren, ass dee leschte Méindeg am spéiden Nomëttag an dëser Chamber depouéiert ginn. Den Avis vum Conseil d'État koum gëschter, grad ewéi aner Avisen. D'Chamber huet de Méindeg schonns éischt Informatiounen kritt, den Dëschdege an enger regulärer Sëtzung de Projet analyséiert, de Mëttwoch, d'Zäitgefill ass och eppes, wat eis entglësch, de Mëttwoch den Avis vum Conseil d'État ënnert d'Lupp geholl, haut de Moien de Rapport adoptéiert an de Mëttg stëmme mer d'Gesetz.

Dat sinn dräi voller Deeg, wann een dat elo emol esou gesäit. A bon, jo, ech hoffen, dass dat keng Schoul mécht, well et ass extreem sportlech. Et setzt extreem vill gudder Wëlle vun alle Saiten viraus - an ech ënnersträiche „vun alle Saiten“ -, fir deen dote Kraaftakt fäerdegzebréngen: bei eis hei an der Chamber, beim Conseil d'État an och bei deenen, déi eis beroden, mee virun allem och beim Personal.

D'Personal ass an deene leschten Deeg a Wochen och ganz oft op de Felge gefuer an huet dat mat Brio gemeeschtert, ob dat hei an der Chamber ass oder ob et an deene betrafene Ministären ass. An duerfir un all Kolleegen - all Kolleegen, ouni Ausnam -, och wa se méi oder manner kritesch sinn, dat ass hire Rôle, hei hu se ni vergiess, ëm wat dass et geet, dass mer de Relais huelen, dass mer reagéiere kënnen, dass mer agéiere kënnen, an och wa mer am Detail net ëmmer enger Meinung sinn, ware mer alleguer der Meinung, dass mer eis e Vide législatif net kënnen erlaben, also duerfir merci, Kolleegen a Kolleginnen!

Dat, mengen ech, éiert dës Chamber an dat éiert déi verschidde Komponenten, déi an dëser Chamber vertruede sinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), *rapporteur*.- Gesetz, Aschränkungen a Strofe sinn eng Saach. Nach musse mer derfir suer-

gen, dass d'Reegelen an d'Recommandatiounen och respektéiert ginn. Doniewent sinn eng ganz Rei vun Aktiounen a Reaktiounen um Terrain néideg. D'Regierung huet duerfir d'Ennerstëtzung vun eis, wa si an enger ganzer Rei vu Beräicher zousätzlech Efforte mécht oder aktiv gëtt.

Wa mer wëllen, dass d'Leit d'Virsiichtsmaßnahmen anhalen, da musse mer nach besser, nach méi geziilt a méi informéieren a sensibiliséieren a virun allem all Beräicher an all Schichte vun der Populatioun erreechen, ob se eis Sprooch schwätzen oder ob se aner Sprooch schwätzen.

Duerfir ass d'Santé amgang, net nëmme verstärkt iwwer Medien a sozial Medien ze kommuniquéieren, mee ass och amgang, eng Strategie op d'Been ze setzen, fir méi geziilt um Terrain virzegoen an Zesummenaarbecht mat de Gemengen - déi Zesummenaarbecht mat de Gemengen ass essenziell, déi sinn am nooste bei de Leit -, den Acteuren am soziale Beräich, den Associatiounen, den Entrepreneuren, der Zivilgesellschaft allgemeng.

Zousätzlech ass och Kontroll néideg, eng verstärkt Presenz vun der Police an der Douane, net ëmmer mam Knëppel, mee vläicht och informativ, insistéierend, wat d'Reegele sinn ...

(**Interruption**)

Jo, wann et muss sinn, fir d'Strofen ze applizéieren, mee awer och, wéi dat oft och geschitt, fir dat Pedagogesch net ze vergiessen. A wa mer do zousätzlech Leit brauchen, wéi Bannhider, wéi Sozialarbechter, déi op den Terrain musse goen, ma da solle mer déi op den Terrain schécken.

A mir brauche Kontrolle bei prekäre Wunnverhältnisse, wou vill Leit zesummegepercht sinn, a praktesch a pragmatisch Hëllef fir déi Leit, déi iwwerhaupt emol d'Méiglechkeet net kréien, fir sech un déi elementar Gesten ze halen, fir deenen ze hëllefen, a bessere Verhältnisse ënnerdaach ze kommen, zesumme mat eiser grouss ugeluechter Teststrategie, déi sech och da progressiv op déi eenzel Erausforderunge muss astellen.

D'Vakanzenzäit selbstverständlech. Mir hu virgëschter doriwwer geschwat. Mir hunn iwwert de Flughafen, mir hunn iwwert d'Zentralgare geschwat. Nach muss dat Ugebuert, fir getest ze ginn, visibel sinn och fir déi Leit, déi iwwer all aner Weeër heemkomme respektiv ënnerwee waren oder aus Risikogebidder oder Gebidder, déi sech herno als Risikogebitt eraustellen, heemkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, just ee lescht Wuert. Wann een den Experten esou nolauschtert a wann ee kuckt, wat fir eng Zenarien entwëckelt ginn, da kënnen engem heiansdo d'Dronkenellen ausgoen. D'Experte kréie geholfen vu Computere, déi opgrond vun Hypothese- sen eppes ausspäizen, wat ka passéieren.

D'Experte maachen hir Aarbecht. Et kann een denken iwwert déi Zuelen, wat ee wëllt. Ech mengen, dass mir den Experte solle wëssen, dass och mir Experte sinn, Experten, déi verstanen hunn, dass, wa mei elementar Reegelen applizéieren, dat, wat déi richteg Experten eis viraussoen, keng Fatalitéit ass, mee dass mer dee Virus an de Grëff kréien.

Kommt, mir weisen, dass mer eng Expertise hunn an der Beuechtung vun deenen elementaren Virsiichtsregelen, mir hei an alleguer d'Leit dobaussen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech Merci an ech hoffen, dass mer net méi allze oft an där doter Saach hei mussen zesummekommen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. Ech wëll ufänke mat eppes, wat heiansdo oder oft heibannen e Ritual ass: Dat ass, dem Rapporteur Merci soe fir seng zwee Berichter, dee mëndlechen an dee schrëftlechen. Ech wëll soen, dass ech e weénege iwwert de Ritual wëll ewechgoe fir ze soen: Dat hei war elo effektiv net evident, fir dat an dräi Deeg hinze kréien. An ech wëll net soen, et huet vill Gedold gebraucht, mee et huet haaptsächlech vill Energie gebraucht, fir et an deem richtegen Timing esou hinze kréien, dass mer haut prett sinn, dat Gesetz ze stëmmen. Dat war noutwendeg, mee et war haaptsächlech eng gutt Aarbecht, an dofir dem Mars Di Bartolomeo villmools merci derfir.

Viru genau enger Woch stounge mer hei a mer hunn eng laang an hefteg Diskussioun scho ge-

fuert iwwert den Text, iwwert dee mer viru sechs, viru siwen Deeg gesot hunn, dass mer en als net effikass an den Zilsetzungen, onprezis an de Formulatiounen a kontradiktoreesch am Inhalt géifen empfangen. An datt mer Recht haten, weist am Fong, dass mer haut schonns déi éischt Modifikatiounen, siwen Deeg, nodeem dat Gesetz a Kraaft ass, mussen hei stëmmen.

Et ass fir d'drëtt, wou mer a kuerzer Zäit iwwer en änlechen Text schwätzen. Mir hunn zweemol nee gestëmmt, well mer den Text als ineffikass an ineffizient fonnt hunn, mee ech wëll déi Rieden hei, déi ech während deenen zwou Kéiere virdru gehalen hunn, net nach eng Kéier halen, just soen: Dat, wat ech am Numm vun der CSV sengerzäit gesot hunn, ass fir deen Text, fir déi Texter, déi do gestëmmt gi sinn, nach ëmmer richteg, gëllt nach ëmmer.

D'Regierung hat awer, ech wëll soen, déi gutt liddi, fir den Text elo net nach eng Kéier a senger Komplettheet stëmmen ze loossen, mee just déi punktuell Modifikatiounen elo hei op den Dësch ze bréngen. Dat erlaabt eis och, anescht do drunzegoen a just eng Diskussioun elo ze féieren iwwert dat, wat dann hei zum Vott steet, mat natierlech enger Rei Remarken, déi ech net ka loossen, well se mer awer wichteg sinn. Mee haaptsächlech erlaabt et eis, well mer just iwwert déi Punkten da wëlle schwätzen an ofstëmmen, och anescht un dësen Text drunzegoen.

Ier ech awer iwwert déi Moosname wëll schwätzen, zwou generell Remarken. Mir hunn déi schonn ëfters an der Kommissioun oder hei an der Chamber op der Chambertribün aboréiert.

An dat Éischt, dat ass am Fong keng Fro, mee am Fong e grouse Regret, well mer ëfters eng Demande gestallt hunn, fir eng genau Opstellung ze kréien vun de Clusteren, mee ech weess net ëmmer, wat een ënner „Cluster“ oder „Kluuster“ versteet, mee haaptsächlech vun den Infektiounsplazen. Fir eis, wann ee wëllt wëssen, wou ee soll politesch agräfen, wou een elo muss eng sanitär Moosnam huelen, ass et einfach wichteg ze wëssen, wou u sech déi Infektioun geschitt ass. An et ass éreischt, wann een dat weess, wou ee kann der Saach richteg nogoen, wou ee kann déi Gefor eraassen, wou een och ka mat Rigueur do agräfen. Dat wësse mer momentan net. Ech bekloe mech och elo net driwwer.

Mir hunn der Regierung d'Fro gestallt. D'Regierung huet eis relativ kloer gesot, dass se déi Äntwert do net hätt an dësem Moment.

Mir hunn och dunn d'Covid-Taskforce gefrot, fir eng Äntwert ze kréien, an d'Covid-Taskforce huet eis gesot, dass een dat mam Large-Scale-Testing, esou wéi en elo géif gemaach ginn, net géif erausfannen. Déi eenzeg Aart a Weis, fir et erauszefannen, dat wär am Tracing, wann e gemaach gëtt, wou mat de Leit dann individuell geschwat gëtt a wou ee ka Konkusiounen zéien, méi oder weénege richteger, wou dann déi Infektioun geschitt ass.

Et ass awer, soen ech, eng weesentlech Data. Mir kruten eng ganz Rei Daten an deene leschten zwou, dräi Wochen, och déi Kaart, iwwert déi hei vill geschwat ginn ass, vun de Gemengen. Ech fannen déi flott. Déi ass och opschlossräich. Mee si hëlleft eis en fin de compte an eise sanitäre Moosnamen net ganz vill, well ech weess net, wat ech domadder soll ufänken, ausser mer e Bild vum Land ze maachen.

Dat selwecht sinn déi Statistiken iwwert den Alter. Do mierke mer, dass den Alter esou zéng Joer, eelef Joer erofgeet par rapport zu virun engem Mount. Eng Rei Konkusiounen léisst dat schonns zou, mee et seet awer nach net, wou ech dann agräfen en fin de compte.

Dat do ass eng Kaart, déi mer an enger zweeter Etapp dann hëlleft, d'Konkusiounen aus anere Statistiken, déi mer gär hätten, ze confirméieren, mee eleng relativ schwierig ze interpretéieren ass.

A fir mech ass et dofir wichteg, dass mer déi Konkusiounen kréien, dass mer kënnen aus deem Tracing, dee gemaach gëtt, gewuer ginn, wou den Uert respektiv wou d'Aart a Weis ass, wéi d'Infektiounen gemaach ginn.

An ech mengen, dass et wichteg ass, dass een do Efforte mécht. An der Madamm Minister hir Ekip, ech weess, dass se vill belaaucht sinn, ech weess, dass se vill Aarbecht hunn, an ech regrettéieren och e weénege, dat zousätzlech ze froen, mee ech mengen, dass et einfach weesentlech ass, dass déi als Aufgab kréien, eis déi Statistiken ze ginn, well se fir mech primär sinn, fir kënnen sanitär ze handelen.

Dofir deposéiere mer och eng Motioun, wou mer dat froen. Wannechgelift, Här President.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant que le nombre d'infections au Covid-19 au Luxembourg est en hausse permanente depuis quelques semaines ;

- constatant que, depuis quelques jours, le Gouvernement publie une carte cantonale des infections recensées ;

- considérant que le Gouvernement se base, pour définir les différentes mesures de lutte contre la pandémie Covid-19, sur des modélisations scientifiques de l'évolution de la pandémie ;

- estimant qu'il serait aussi opportun de connaître d'éventuels foyers de contamination ainsi que les différents types de lieux d'infection afin de pouvoir prendre des mesures plus ciblées et plus efficaces ;

- estimant que le traçage des personnes positives ainsi que des personnes en contact avec celles-ci devrait permettre d'identifier les lieux d'infection en question ;

- sachant que les informations obtenues par un traçage précis et efficace permettront de réaliser des modélisations encore plus fiables ;

- considérant que le fait de pouvoir se baser sur les informations relatives aux types de lieux d'infection permettra de prendre, en connaissance de cause, des mesures ciblées, précises et ponctuelles sans devoir inutilement causer des préjudices à certaines activités quotidiennes, économiques ou de loisirs,

invite le Gouvernement

- à collecter via le traçage les données relatives aux types de lieux d'infection et à établir dans les meilleurs délais des statistiques significatives quant aux types de lieux d'infection au Covid-19 ;

- à mettre simultanément à la disposition de la Chambre des Députés l'intégralité des précitées statistiques gouvernementales.

(s.) Claude Wiseler, Léon Gloden Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Georges Mischo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat gesot, hunn ech gëschter festgestallt, dass d'Madamm Ministesch eng Pressekonferenz gehalen huet, wou se vun Infektiounsherden oder Clusteren schwätzt, wou se seet: Et sinn der zwielef an de Lycéeën, an de Schoulen, sechs an der Konstruktioun, fënnf am Secteur Santé an esou weider.

Dat heescht, d'Madamm Minister huet eng Rei Zuelen, et sinn awer net déi, déi mer am Fong brauchen, fir déi Analys ze maachen. Do ginn ech lech ganz Recht. Mee Dir gitt se awer, an dann ass natierlech meng Fro: Ma wat fir eng Konkusiounen kann ech dann elo aus deenen Zuelen zéien? Ech kann am Fong net erauszéien, wou ech sanitär soll intervenéieren.

A wann dat esou wier, da géifen natierlech eng Rei Froen sech hei opdrängen. Mir hunn op där enger Säit konstant gesot, dass an de Schoule keng Gefore sinn, dass mer eis am Fong geholl do keng Suerge géife maachen a mer kéinten déi Ouverture maachen. Da kréie mer awer elo gëschter gesot: „Déi meescht Infektiounsherde sinn awer an de Schoule respektiv an der Konstruktioun.“ Do krute mer och gesot, am professionnelle Beräich wier am Fong kee Problem.

Ech weess, dass elo en Ennerscheid ass zwëschen deenen engen an deenen aneren. Mee ech wollt lech am Fong soen, dass dann déi Informatioun, wann Der se esou erausgitt, natierlech bei eis als Politiker, mee, mengen ech, awer och dobaussen, eng ganz Rei Froen opwerft, déi dann net beäntwert sinn.

An dofir meng Demande hei op der Chamberstribün: Probéiert vläicht, dat awer ze beäntweren! Wat fir eng Konkusiounen zéie mer dann elo aus deene Clusteren? Kënnen mer iwwerhaupt sanitär Konkusiounen draus zéien? Oder ass et just eng Informatioun, déi mer hei ginn? Well wa mer kënnen Konkusiounen draus zéien, dann, mengen ech, ass déi Politik, déi an deene leschte Méint a Woche gemaach ginn ass, awer eng mat ganz ville Fragezeichen hannendrun.

Dann, meng zweet Remark ass déi üblech Remark iwwert d'Modellisatiounen. D'Spezialisten, déi hate mer en Dëschden an der Kommissioun, a mir sinn och dankbar derfir, en Dialog mat hinne konnt en ze féieren.

Ech hu verstanen, wat si eis geäntwert hunn. Ech kann och novollzéien, wat se eis gesot hunn. Mee dat heescht awer net, dass ech ze fridde si mat all deenen Äntwerten, déi mer vun hinne kritt hunn. An heiansdo, well déi Äntwerten, déi si eis ginn hunn, dann esou kloer waren, stelle se natierlech eng ganz Rei Froen iwwer Politik a politesch Aktiounen an iwwert



déi Modellisatiounen an d'Regierungspolitik, déi aus deene Modellisatiounen dann theoreetesche ofgeleet gëtt.

Déi puer Beispiller, déi ech nennen, kennt Dir alleguer, well se scho méi wéi eng kéier genannt gi sinn. Dat éischt ass dat vun de Schoulen, d'Zesummeleung vun de Klassen. D'An-hale vum Social Distancing weist eng grouss Differenz oder et gëtt eng grouss Differenz an de Modellisatiounen gewisen. Ech stellen awer fest, datt d'Diskussiounen oder d'Decisiounen, déi am Fong d'Regierung geholl huet op Punkten, wou d'Modellisatioun seet: „Wann Der dat maacht, entsteet eng grouss Differenz an dem Weiderverbreede vun der Infektioun“, datt déi Decisiounen awer geholl ginn, obwuel an der Modellisatioun d'Saache kloer de Contraire gewisen hunn.

An déi Zuelen, déi genannt gi sinn, ech wëll se am Fong net nach eng kéier hei nennen, well ech se als erschreckend empfangen, a wann een déi Zuelen haaptsächlech vun den Doudeger oder d'Iwwerbelaaschtung vun de Kliniken hei zitëiert, ass et awer net onproblematisch.

Mee ech stelle fest, datt dat, wat d'Regierung als Decisioun geholl huet, net konform ass zu deem, wat eis an de Modellisatiounen iwwerrecht ginn ass. An d'fir och eis ganz grouss Skepsis, déi mer scho méi wéi eng kéier ausgedréckt hunn, haaptsächlech weinst Lycéesklassen, déi dann zesummegeleecht gi si 14 Deeg virun dem Schoulvakanzufank.

An eis Fro: Wéi soll dat dann am September erëm ufänken, wa mer un déi Modellisatiounen, déi mer vun der Regierung selwer kréien, gleeuwen a wa mer déi seriö huelen? An da soe mir haut ganz kloer: Et ass elo, wou déi Froe muss beäntwert ginn! Et kann een net an d'Vekannz goen an dann am September sech emol d'Fro stellen, wéi een de 15. September mat der Schoul ufänkt.

Am grouss Ganzen ass et mat de Modellisatiounen och ëmmer d'selwecht gewiescht. Mir hunn der eng ganz Rei kritt, déi sollten den Deconfinement begleeten. Mee ganz oft hu mer se no den Decisiounen kritt a seelen hu se och déi genau Fäll beschriwwen, déi duerno an d'Realitéit ëmgesat ginn.

Dat selwecht gëllt och beim Sport. Dat ass mäin zweet Beispill. Mir hu säit engem Mount gefrot, datt mer sollen d'Modellisatioun kréien, wat dat da géif heeschen, wann de Sport opgemaach géif ginn.

D'Madamm Lenert huet mer d'ailleurs och eng kéier an enger Téleemission gesot, ech soll dat kucke goen, déi wären do. Mee ech wëll lech just soen: Gëschter krute mer relativ kloer vun der Covid-Taskforce gesot, datt nach iwwerhaupt keng esou gemaach gi wären, datt also och keng kënnen do sinn, well se net gemaach gi sinn, an datt se am Fong och guer net machbar wären, well déi wëssenschaftlech Donnéeën, déi ee brauch, fir dat ze modelliséieren, momentan hinnen net zougänglech wären, net present sinn.

An dann dee leschte Punkt dovunner, dat ass déi Diskussioun iwwert déi Modellisatioun vum 19. Juli - ech mengen, de Mars Di Bartolomeo huet se scho kuerz ugeschwat -, wou en Zenario dohinnergestallt gëtt, wou 80 % Privatkontakten erofgefuert ginn. 80 % erofgefuert ginn! Dat ass enorm. Nëmmen nach 20 % vun den aktuelle soziale Kontakten, déi mer hunn. Dat ass de Modell, wou vill Teletravail gemaach gëtt, e Modell, deem also extreem restriktiv gëtt an deen dann, ech kann déi Zuel nennen, well se an der Zeitung stoung, 1.000 Doudeger als Konsequenz hätt, wat jo awer als Ausso, wann ee se einfach esou dohinnerstellt, richtig problematesch ass. Wat soll ech als Politiker elo dovunner halen?

Wann déi Prognosen oder déi Modellisatiounen do géife stëmmen, da muss ech jo elo hei direkt soen: Mee da muss mer eng ganz aner Politik maache wéi déi, déi mer amgaange sinn ze maachen!

Do krute mer vun der Covid-Taskforce, déi bei eis an der Kommissioun war, gesot: „Mee Dir dierft dat net esou genau huelen, et gëtt eng grouss Marge no uewen an no ënnen.“ D'Marge, déi ass awer zwësche 500 a 1.500, wat meng Beängschtegung a meng Suergen hei net weesentlech verbessert.

Ech weess, a mir hunn dat alleguer zesumme festgehalen, datt d'Politik der Wëssenschaft net kann draschwätzen. Se dierft et net, se soll et net a mir maachen et och net.

Par contre ass et awer wichteg, datt, wann d'Wëssenschaft an hirer totaler Fräiheet esou Zuele publizéiert, d'Press se och zréckhëlt, se

ëffentlech sinn, datt mer dann awer probéieren ze erklären, wat mir an der Politik domadder maache respektiv wéi dat ze verstoen ass, wéi mer et sollen ophuelen a wéi mir domadder eens ginn. Ech hunn awer d'Impressioun, datt momentan déi onexplizéiert an deelweis onkommentéiert Zuelen e ganz grouss Malaise an der Populatioun, d'ailleurs och bei eis, ausgeléist hunn, wou mer eis musse Froe stellen a wou mer eis haaptsächlech musse Froe stellen, wéi mer an Zukunft déi Saachen do ugin.

Dobäi ass de wëssenschaftleche Suivi wichteg. Mee fir eis ass et sënnavoll, datt e mat Rigueur gemaach gëtt, datt mer en och mat Rigueur behandelen, datt en och novollzéibar ass. An d'fir si mir nach ëmmer der Meinung, ech hunn dat schonn e puermol gesot, datt ee soll eng Rei Seuilen hei kloer an d'äitlech aféieren, no deene reagiert gëtt. Zum Beispill déi R-Zuel, wéi ee se dann och ëmmer rechent, mee datt déi e Seuil ass, datt, wa se iwwer enger gewëssener Zuel ass, dat eng Rei Reaktiounen automatesch mat sech bréngt - aner Länner hunn et esou gemaach -, oder d'Infektiounszuel op 10.000 Tester oder op 100.000 Awunner, wat Der och ëmmer wëllt als Zuel huelen, mee datt et dobaussen novollzéibar ass, wéini a firwat d'Politik wat fir eng Moosssnamen hëlt.

An dat ass e weinige de Problem haut. An et kritt een nëmmen eng Politik laangfristeg akzeptéiert, wa se och dobaussen novollzéibar ass.

A mir gesinn, wat an anere Länner verschiddelecht amgaang ass ze geschéien, wou d'Populatiounen net méi kënnen déi Decisiounen novollzéien, déi vun hire Regierung geholl ginn. Dat kreéiert net nëmmen Onzefriddenheet, dat ka bis zu Manifestatiounen an nach ganz aneren Diskussiounen op der Strooss féieren, wat mer zu Lëtzebuerg net wëllen.

Eng Remark just zum Fait, datt ëmmer méi Länner eis als orange oder als rout astufe respektiv op eng Lëscht setzen, an ech weess net, wéi et lech geet, mee ech kréie méi wéi eng kéier den Dag déi Schwieregkeete vu Leit erzielt, déi dann op de Grenze Problemer hunn, déi net erakommen, déi net wëssen, wéi se sech sollen uleeën. An dat ass net ëmmer einfach.

Ech stellen zwar just fest, datt déi Explikatiounen, déi den Här Bettel sech engagiert hat, bei senger Kollegen um Conseil ze ginn, respektiv den Här Asselborn a senger diplomatescher Offensiv gemaach huet, datt déi Explikatiounen eis net wäit bruecht hunn. A fir dauernd ze soen: „Mir sinn déi Besch! Dir verstitt eis net! Bei eis ass alles richteg gemaach ginn!“ dat gëtt vläicht heibanne vun deem engen oder vun deem aneren nach gegleeft, mee dat gëtt awer dobaussen, esou wéi dat hei eis et beweist, iwwerhaupt net méi gegleeft.

Dat kann nach de Gusty Graas a senger Ried gëschter soen, mee dobausse gleeft awer keen dat do!

(Brouhaha et hilarité)

Wierklech ... Ech freeë mech schonn drop.

(Coups de cloche de la présidence)

Dir kënnt lech net virstellen, wéi ech mech drop freeën, datt Dir elo nach hannendru kommt! Mee Dir bréngt mech net duerjerneen!

Mee ech kommen awer elo zu deene prezise Punkte vun dem Gesetzestext hei.

Mir hunn als CSV beim leschte Gesetzestext gesot, datt mer géife fannen, datt 20 Leit doheem ze empfänken, ouni iergendeng Precautioun ze huelen, eis weesentlech ze vill géif schéngen. Ech hunn erkläert, datt ech souwisou och a mengem Haus, wou ech a priori awer eng Stüff hunn, déi ech als grouss empfangen, kaum 20 Leit empfänken, datt déi Moosssnam also stricte-ment näischt géif bréngen.

Mir hunn déizäit gefrot: Mee setzt dat erof op sech oder op zéng Leit, wéi Der wëllt! Dat ass elo hei an deem Text mat enger Woch Verspéidung gemaach ginn. Dat ass och okay fir eis. Dann ass de Kader kloer. Da sinn d'Reegele gestallt. An ech soen och hei ganz kloer hannendrun, datt mir net der Meinung sinn, datt mer zousätzlech Moosssnamen, déi d'Inviolabilitéit vum Domicile, also den Artikel 15 vun der Constitution, géifen a Fro stellen, fir de Moment brauchen.

An dat Verständnis, wat mer vun eiser Gesellschaft hunn, passt dat elo als Moosssnam net eran. Mir wëllen net, datt de Leit an d'Kummer gekuckt gëtt. Mir hätt gäre kloer Reegelen. Dese Punkt hu mer gefrot. Dese Punkt steet elo am Text. D'fir droe mer deen do Punkt mat an ech soen dat ganz kloer.

Zweetens: Dat selwecht gëllt fir déi zweet Modifikation, d'Reduktioun vun der Zuel vum Leit bei engem Rassemblement - ob dat elo e Kultur-rassemblement ass, Sport oder aner Eventer -, a wou se sech mussen zwee Meter vunenee setze respektiv, wa se dat net kënnen, Masken undoen, datt mer dat richteg fannen, datt déi Zuel och erofgesat gëtt. Fir eis ass dat zwar manner

wichteg gewiescht, well mer gemengt hunn, datt momentan an der Praxis do keng gréisser Problemer wären. Mee mir fannen et prinzipiell awer richteg, well och do d'Veereinfachung vun 20 op 10 erof einfach eng Logik bréngt an déi Zuel besser verhalbar ass fir d'Leit. A wann eng Politik besser verhalbar ass, besser memorisabel ass, ass se och besser ëmsetzbar. D'fir si mer och mat deem Punkt d'accord.

Den drëtten Punkt, dat ass d'Aféierung vu Sanktiounen bei Quarantänen a bei Isolementer. Dat ass eng Diskussioun, déi mer schonns virun dräi Texter, muss ech bal soen, hei gefouert hunn. Deemoos hu mer gefrot, wéi dat kéint an der Realitéit duerchgefouert ginn a wat géif geschéien, wa manifestement et net géif respektéiert ginn. A mir hu Moosssname gefrot, déi engem et géifen erlaben, dat kënne respektéieren ze doen.

Fir eis ass et virun dräi Wochen, virun engem Mount scho kloer gewiescht, an haut nach ëmmer kloer, datt, wann s de dech net un d'Reegelen hält, wann s de als Infizéierten oder als Personne à risque weesentlech an heiansdo wëllentlech aner Leit a Gefor setz a wann s de mengs, datt s de dech un näischt misst halen an déi aner der total egal sinn, dann ass et fir eis absolutt normal, datt Sanktiounen op deene Geste stinn, an dat ënnerstëtze mer och total. Gradesou wéi et fir eis normal ass, datt, wann den Test negativ ass, d'Quarantän och d'office opgehuewen ass. Och déi Punkten ënnerstëtze mer an deem Text.

Véierte Punkt: D'Méiglechkeet fir de Classe-moyennes-Minister, fir bei Recidive de Caféen, déi sech net un d'Reegelen halen, net nëmmen eng duebel Geldstrof ze ginn, mee och dräi Méint d'Autorisation de commerce ewechzehuelen. Dat hate mer net gefrot, mee mir fannen dat awer trotzdem absolutt richteg, fir et ze maachen. Wann nämlech um Terrain festgestallt ginn ass, datt dat do e Problem ass, a wann haaptsächlech festgestallt ginn ass, datt déi Strofen, déi actuellement schonn drop stoungen, fir verschidde Leit net durginn an datt se gär 4.000 Euro bezuelen, fir awer kënnen opzehalen, déi aner Leit a Gefor ze setzen, wann dat de Fall ass, wann dat um Terrain festgestallt ginn ass, da fanne mer et absolutt logesch, datt een d'Konsequenzen draus zitt an datt een déi Strofen op där enger Säit eropsetzt an op där anerer Säit eng Strof vun dräi Méint Retrait vun der Autorisation de commerce aféiert. Dat ass eng haart Strof, mee ech mengen, bei Recidiven an deem hei Fall ass dat absolutt justifiéiert.

Dat zu deene véier Punkten. Dir gesitt also, datt mer kloer soen: Déi véier Punkten, déi Der hei an dem Text schreift, kënne mir matdroen, ënnerstëtze mer an hu mer deelweis schonn eng laang Zäit gefrot, net alleguer, mee e groussen Deel dovunner.

Mäi leschten Deel, dat sinn dann déi Saachen, déi mer nach gären zousätzlech an dem Text gehat hätten an déi awer elo momentan net drastinn.

Den éischten Punkt, dat ass dee vum Confinement forcé. Mir hunn elo Sanktiounen agefouert oder mir féiere Sanktiounen an iwwert den Isolement an iwwert d'Quarantän. Eis Fro ass: Wat geschitt da bei engem Confinement forcé, bei deem d'Leit an de Confinement iwwer Ordonnance vum President vum Tribunal d'arrondissement kënne geschéckt ginn? Wéi gëtt derfir gesuergt, datt dee Confinement forcé agehale gëtt? A wat fir eng Sanktioun stinn do drop, wann de Confinement forcé gebrach gëtt?

Elo ass warscheinlech Är Äntwert: Mee et sinn déi selwecht, wéi se op dem Isolement stinn, well ier Der an de Confinement forcé geschéckt gitt, muss Der warscheinlech eng Ordonnance vum Directeur de la santé kréien, deen lech an Isolement setzt. A wann Der net wëllt dragoen, kritt Der duerno e Confinement forcé iwwer eng Ordonnance de confinement forcé iwwert de Juge, iwwert de President vum Tribunal d'arrondissement gemaacht. Eis Fro ass just: Ass dat an der Hierarchie dat selwecht? Oder hätt een do kënnen un aner Strofen denken oder net?

Zweetens, an dat ass am Fong eise wichtigste Punkt, dat ass dee vun de grouss Rassemblementer viru Caféen - net op den Terrassen, viru Caféen - respektiv a Parken - Stater Parken, aner Parken -, um Stau oder um Kirchberg oder wou och ëmmer. Mir hunn an all deene Riede virdru gesot, datt mer gär méi prezis Definitioune hätten, wat mer ënner engem Rassemblement a wat mer ënner engem Réunion organisée verstinn. A mir hunn och gesot, datt mer zwar elo hei Strofen aféiere fir alles dat, wat gebrach gëtt am Privaten op där enger Säit, mee awer nach ëmmer Schwieregkeeten hunn, fir do ze reegelen, wou grouss Rassemblementer sinn, déi net organiséiert sinn, déi op der Voie publique stattfannen. Et gëtt also doheem Reegele momentan, et gëtt an de Caféen, an der Horeca Reegelen, mee et gëtt keng Reegele fir d'Voie publique.

An eiser Meinung no ass dat e grouss Manktum, well et awer relativ kloer schéngt, wann ech der Madamm Ministesch nogelauscht hunn, datt eng ganz Rei vun den Infektiounen awer bei deem Genre vu Reuniounen geschéien. D'fir soe mir haut kloer an d'äitlech, datt mir der Meinung sinn, datt mer eis eng punktuell Obligation vun Distancing oder Maskendroen och bei net organiséierte Reuniounen géife wënschen, bei Rassemblementer, déi net organiséiert sinn, mee déi awer an der Realitéit op der Voie publique stattfannen, wou iwwer 10 oder iwwer 20 Leit zesummekommen, déi sech net un d'sanitäre Reegelen halen, datt mer do soen: „Wann zwee Meter net méiglech sinn, da sollen déi Leit och op der Voie publique eng Mask andoen!“ Et ass also keng allgemeng Maskepflicht, déi mer froen, mee et ass eng punktuell Maskepflicht bei Rassemblementer, wou den Distancing net anzehalen ass. Dat hu mer och an der Kommissioun gefrot, hu mer och an der Kommissioun gesot.

D'Regierung huet eis gesot, si wëllt dat net. Ben, ech soen: „Mir wëllen dat als Moosssnam!“ An ech stelle fest, datt net méi spët wéi haut de Moien déi belsch Premierministerin och déi Moosssnam fir d'Belsch vun deem Weekend un, mengen ech, gefrot huet an organiséiert huet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mäin drëtten Punkt, dat ass d'Onprezisioun vun dem Text. D'Activités scolaires a parascolaires ginn ugeschwat. Aktivitéite vu Scouten, wat keng parascolaire Aktivitéite sinn, sinn net dran. Aner Vakanzaktivitéite sinn och net tel quel am Text definiert. Dat, gëtt eis elo gesot, gëtt mat Instruktiounen gereegelt. Mir héieren awer vu ganz ville vun deenen Associatiounen, déi esou Saachen organiséieren, datt se einfach net wëssen, wéi se sech sollen organiséieren.

50 Kanner kënnen zesumme goen. Mussen déi a Gruppe goen, mussen se net a Gruppen age-deelt ginn? Alles dat ass net kloer an deem Moment. An haaptsächlech sinn ech net sécher, datt all déi Instruktiounen a Recommandatiounen, déi erauskommen, och konform mat dem Gesetzestext sinn.

Dir hat eis gesot, déi géifen elo an deenen nächsten Deeg eng kéier iwwerschaaft ginn, iwwerkuckt ginn. Eise Rotschlo ass: Da probéiert, se esou prezis wéi méiglech ze maachen, esou einfach wéi méiglech, well fir vill Leit, déi déi mussen applizéieren, ass et net evident, fir se ze applizéieren. A si mussen och konform zum Gesetz sinn.

En anert Beispill vun Onprezisioun, dat ass e Basketmatch oder en Handballmatch. Ech huelen déi elo, well de Sportsminister hei ass a well dat och Sportaarte sinn, déi dobanne gemaach ginn. D'Fro ass: Ass dat eng „activité qui accueille un public“? Oder ass et e Rassemblement? Mir wëssen et net. Mir kruten eng kéier dat eent gesot: „Et ass e Rassemblement!“ Oder mir krute gesot: „Et ass eng „activité qui accueille un public“.“ De Problem ass, datt et just muss kloer sinn, well ob s de et esou definéieren oder ob s de et anescht definéieren, sinn aner Konsequenzen drop. Wann et eng „activité qui accueille un public“ ass, dann ass de Port du masque obligatoire, net fir d'Sportler, mee fir déi Leit, déi nokucken. Wann et awer just e Rassemblement ass, dann ass et eng Obligation, fir zwee Meter Distanz mat enger Place assignée ze hunn. Ech ka mat béidem liewen. Ech wëll just, datt et fir déi Leit, déi eppes organiséieren, fir déi Leit, déi dat mussen maachen, kloer ass, wéi et gereegelt gëtt a wéi et an der Realitéit soll stattfannen.

Ech kréien dann duerno eng Äntwert, wann dat fir lech kloer ass. Wann ech den Text liesen, ass et fir mech net ganz kloer. Ech wier frou, wann Der dat da kéint kloerstellen.

Véierte Punkt. Dat ass eng wichteg Fro fir verschidde Liewenssituatiounen, zum Beispill déi: Wéi ginn déi Leit, déi an engem Foyer liewen, mateneen ëm? Ob et e Foyer ass fir Studenten, fir Refugié, e Foyer mat Colocatiounen dran, do muss een einfach wëssen, wéi d'Gesetz sech fir esou Leit applizéiert. Ass et eng Cohabitation? Ass e Foyer fir Studenten eng Cohabitation, déi ënner d'Definitioune vun deem Gesetz fält? Wann et dat net ass, da muss een e Mask andoen, wann een an den ëffentleche Lokaler ass, wou een net privativ säin Zëmmer huet. Fält et ënner Cohabitation? Normalerweise fält dat net ënner Cohabitation. Et muss och do kloer sinn, wéi et gereegelt ass.

A wann een eng Instruktioun erausgëtt, muss se natierlech och konform sinn zu dem Gesetz, esou wéi et hei ass.

A mäi fënnefte Punkt, dat ass dee vun der Tracingapp. Ech kommen all kéiers drop zréck. Mir kommen all kéiers drop zréck, well se eis wichteg ass. De Modell vun haut, soen ech nach eng kéier, war e puer Deeg laang iwwerfuerdert, riskéiert och nach am September, wa mer eng richteg zweet Well da géife kréien, iwwerfuerdert ze ginn. D'fir soe mer, datt



d'Virbereedung vun enger Tracingapp hei zu Lëtzebuerg fir eis extreem wichteg ass. Si gëtt vu quasimeng jiddweregem gefrot: vum Conseil national d'éthique, vun der Uni Lëtzebuerg an hire verschiddenste Kompositiounen, vun de Leit aus der Covid-Taskforce, vun dem Statcsdirekter ënner anerem.

Mir kréie gesot: „Mir hu mam RKI Kontakt.“ Dat ass jo duerchaus méiglech, datt Der mam Robert Koch-Institut Kontakt hutt. Mee ech stelle just fest: An Däitschland existéiert se awer schonn eng laang Zäit. An ech fannen, dee Refus, fir weiderzegoen op deem do Dossier, fir deene Leit, déi fräiwëlleg eng dezentraliséiert App wëllen huelen, fir sech oder hir Famill ze schützen, dat net ze offrëieren, dat empfangen ech als farlässig. An ech fannen, datt zumindest an dësem Moment eng seriö Virbereedung hätt sollen, hätt misse gemaach ginn, fir prett ze sinn, dat am Dezember och anzefëieren an deem Ganzen e legale Kader ze ginn.

Ech deposéieren dofir och eng Motioun, wou mer dat nach eng Kéier schrëftlech froen, déi sech och referéiert zu engem ganz groussen Deel op déi Motioun, déi de 7. Mee 2020 hei an dësem Haus gestëmmt ginn ass an déi den Här Clement sengerzäit erabruucht hat.

Wannechgelift, Här President.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- constatant que le « contact tracing » joue un rôle important dans la stratégie de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

- sachant que les informations obtenues par un traçage précis et efficace permettront de réaliser des modélisations et des simulations de l'évolution de la pandémie ;

- constatant que le nombre d'infections au Covid-19 au Luxembourg est en hausse depuis quelques semaines ;

- estimant qu'avec le nombre croissant d'infections au Grand-Duché, le seul traçage manuel s'avèrera de plus en plus difficile ;

- constatant que beaucoup de pays européens ont déjà des applications de traçage qui sont opérationnelles ;

- estimant qu'une telle application pourrait contribuer en complément aux mesures déjà actuellement en place, à assurer un traçage efficace au Grand-Duché si la hausse des infections perdure ;

- rappelant la motion votée dans ce contexte dans la Chambre des Députés le 7 mai 2020 ;

- estimant qu'une telle application de traçage ne saurait être que décentralisée, que son utilisation sera basée sur le volontariat et qu'elle devra tenir compte des lignes directrices du Comité européen de la protection des données,

invite le Gouvernement,

- à mettre en place dans les meilleurs délais une application de traçage opérationnelle sur le territoire du Grand-Duché ;

- à préparer à cet effet une base légale tenant compte de tous les principes de la protection des données personnelles ;

- à prévoir des incitations positives pour qu'un grand nombre de personnes se voient motivées à utiliser l'application en question.

(s.) Claude Wiseler, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Georges Mischo.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Als Konklusion just nach e puer Gedanken. Mir ënnerstëtzen also déi véier Moossnamen, déi hei nei an dësem Projet beinhalt sinn, déi dësse Projet virschléit. Verschiddener vun deenen huet d'CSV scho säit Woche gefrot an der Kommission, an der Press, hei op der Chamberstribün, zum Beispill kloer Reegelen fir doheim, zum Beispill d'Klarifikatioun iwwert de Contrôle an d'Sanktioun vu Quarantän a vun Isolement.

Mee de Kampf géint de Virus ass och eng Course géint d'Zäit. A mir hunn d'Impressioun, datt hei d'Regierung wäertvoll Zäit verluer huet. Déi Moossnamen, déi elo geholl ginn, hätten deelweis virun engem Mount, spéitstens virun enger Woch kënnen geholl ginn. Mir hu se déizäit däitlech gefrot, an och déizäit waren déi Zuelen, déi mer haut vun den Infektiounen kennen, scho bekannt. Et kann een net soen, säit enger Woch hätt dat alles fuerchtbar evoluéiert. Och déi Zuelen hu mer déizäit scho kennt.

A mir sinn net eleng där Meenung. Et ass och de Conseil d'État, dee genau dat selwecht seet, wéi mir soen. Ech liesen lech dat vir, well soss gleeft Der mer et jo net: « Si le Conseil d'État comprend la nécessité des mesures objet du présent projet de loi sous avis au regard de la situation actuelle, il se demande pourquoi il n'a pas été prévu de les intégrer déjà dans le projet de loi n° 7622, devenu la loi précitée du 17 juillet 2020, au besoin par voie d'amende-

ments. Aux propres dires des auteurs du projet de loi sous examen, on assiste, depuis les dernières semaines, à une hausse régulière du nombre des personnes infectées. » Also genau dat selwecht seet de Conseil d'État wéi dat, wat mir soen.

Mäin zweete Punkt ass: Et feelen eis eng Rei Moossnamen. Ech hunn der virdrun eng ganz Rei am Detail genannt, och erkläert. A wann d'Evolution esou weidergeet, wéi se momentan amgaang ass, respektiv am September erëm en neien Ulaf hält, da sinn ech absolutt iwwerzeegt, datt déi Moossnamen, déi mer haut gefrot hunn, och da wäerte mat Verspéidung agefouert ginn.

A mäi leschte Punkt, dat ass deen, datt dësen Text e Méinden hei an d'Chamber erakomm ass, datt mer innerhalb vun deenen dräi Deeg en Avis vum Conseil d'État kritt hunn, eng Diskussioun an der Chamberskommission gefouert hunn, e Rapport kritt hunn, e Rapport ofgestëmmt hunn. An ech soen och, datt dat warscheinlech awer e Rekord ass, fir esou e Gesetzestext wéi deen hei an dräi Deeg duerch d'Chamber ze kréien, wat de Beweis ass, datt och dës Institution, wann et da muss sinn, present ass a schnell ka sinn.

Mir hunn och, an dat wëll ech soen, als Opposition matgeschafft. Mir waren d'accord, Här President, datt all d'Delaien, déi an eise Reglementer stinn, fir un esou engem Gesetz ze schaffen, ausser Kraaft gesat ginn an datt mer se net brauchen ze respektéieren. Mir hunn eis Propositione kloer zum Ausdrock bruecht, datt et och kloer an däitlech ass, wat eis Politik géif ënnerscheede par rapport zur Majoritéitspolitik vun haut.

Mir hunn awer aus deenen Differenze kee Kampf gemaach, deen Zäit kascht hätt - kee Kampf gemaach, deen Zäit kascht hätt! -, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt déi Course géint de Virus och eng Course géint d'Zäit ass an datt, wann d'Regierung gär deen Text hätt, fir e Schrëtt weider ze maachen, et besser ass, deen esou schnell wéi méiglech ze hunn, och wann en eis net als komplett erschénkt.

Mir wäerten dësen Text net matstëmmen. Mir wäerten eis enthalen, well den Text alles anescht wéi komplett ass. Nach sinn déi Moossnamen, déi Virschléi richteg, an dofir war et eis wichteg, datt d'Chamber haut ofliwwert an dësen Text zäitno zum Vott bréngt. An dowéinst sinn ech frou, datt dat eis gelongen ass.

Mir wäerten eis enthalte bei dësem Text an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gilles Baum (DP).**- Merci fir d'Wuert, Här President. Erlaabt mer, ganz e bëssen auszuhuelen am Ufank. De 26. Dezember 2004 koom et am Indeschen Ozean zu engem ganz uerge Séibiewen. Den Epizentrum louch 85 km virun der Insel Sumatra an hat eng Stärkt vun 9,1 op der Richterskala. Dat ass enorm, dat ass gewaltig. An ech mengen, mir alleguerten, wéi mer heibanne sëtzen, hunn nach Biller am Kapp vun deemools vun deene risege Wellen an haaptsächlech och vun deem onendleche Leed, wat iwwert déi Leit do eriwwegeschwappt ass.

Den Tsunami mat senger Wellen huet d'Leit matzen an der Nuecht ouni Virwarnung iwwerfall. 230.000 Leit hunn op ee Coup hiert Liewe verluer, 1,7 Milliounen Leit hunn den Daach iwwert dem Kapp verluer an alles, wat se haten.

Kolleeginnen a Kolleegen, esou e Biewen, esou eng Naturkatastroph, dat kënnen mir net kontrolléieren. Dat geet net! Dat ass eng Laun vun der Natur an d'Natur mécht, wat se wëll. An dat ka sech och zu all Moment widderhuelen.

Wat deemools a Südostasie gefeelt huet, dat war e Fréiwarnsystem op offener Siet, deen d'Bevëlkerung virum Antreffe vum Tsunami gewarnt hätt. Esou eppes gouf et net. D'Leit si matzen am Schlof iwwerrascht ginn. Dat war vill ze spët, fir sech a Sécherheet ze bréngen.

Si hate kee Fréiwarnsystem, awer mir zu Lëtzebuerg, mir hunn am Moment e Fréiwarnsystem, an deen heescht Large-Scale-Testing a soll eis virum Opkomme vun der zweeter Coronawell warnen. A jo, leider hunn d'Luuchte vun eisem Fréiwarnsystem an de leschten Deeg nees ugefaange mat blénken. Dat gëtt eis e klengen Zäitvirsprung, fir zousätzlech Moossnamen ze ergreifen an domadder dat Schlimmst ze verhënnere. An et ass dat, wat mir de Mëttag maachen.

Et ass vu mengem Virriedner vun Zuelen, vu Prognose geschwat ginn, vu Modellisationen. Jo, dat ass richteg. Mee ech si bei esou Prognosen ëmmer immens virsiichteg. Well wann de Virus eis eppes geléiert huet bis elo, Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, dann ass et dat, dass en absolutt onberechenbar ass.

Virun engem Mount huet mäi Virriedner gesot: „Do hätte mer eis vläicht kënnen anescht drop stellen.“ Also, wann ech kucken, Nationalfeierdag, Enn Juni, do hate mir zwou Infektiounen den Dag, véier Infektiounen, sechs Infektiounen den Dag. An ech muss lech soen, ech si warscheinlech net deen Eenzegen, deen iwwerrascht ass, dass déi Zuelen awer esou an d'Luucht gaange sinn, wéi se déi lescht Deeg gaange sinn.

Iwwert déi aktuell Zuelen, mengen ech, gëtt et keng zwou Meenungen. Si sinn ze héich. An aktuell hu mer 1.200 Leit hei zu Lëtzebuerg mat enger aktiver Infektioun vum Covid-19.

En Dënschden, wéi mer d'Gesetz vum Large-Scale-Testing hei beschwat hunn, ass vun engem honorabelen Deputéierte monéiert ginn, déi 20.000, déi mer eis do als Zil gesat hätte pro Dag, dat wär illusoresch, dat géife mer ni erreechen. Abee, geschter sinn 19.079 Leit getest ginn. Ech mengen, dat ass wierklech net méi ganz, ganz wäit vun deenen 20.000 ewech. Dat léisst sech weisen. An den Taux d'infection, dee louch geschter däitlech, däitlech ënner 1 %. D'Altersmoyenne vun deene Leit, déi sech infizéiert hunn, déi geschte positiv getest gi sinn, ass 35 Joer. Dat si jonk Leit, déi schéngen dann och méi robust ze sinn, déi schéngen méi resistent géint de Virus ze sinn, soudass mer am Moment effektiv manner Leit an de Klinicken an de Better leien hunn an och manner Leit op den Intensivstationen leien hunn, wéi een dat kéint fäerten ugesichts vun deenen Zuelen.

Jo, et ass richteg, d'Ausland mécht eis et am Moment net einfach, an do virop eis däitsch Noperen. Ech kann lech soe vun engem Bekannte vu mir, dass een an Däitschland nëmme getest gëtt, wann ee Symptomer huet. Dann ass et natierlech weesentlech méi einfach wéi bei eis. Mir probéieren, alleguerten d'Leit an den Testing ze kréien, fir d'Infektiounsketten ze brieche. An ech mengen, wa mer vläicht nach e puer Wochen oder e puer Méint ëm hunn, da soen eis Nopere vläicht: „D'Lëtzeburger, déi waren erëm eng Kéier First Mover. D'Lëtzeburger, déi hunn et richteg gemaach a mir hunn et net richteg gemaach. Mir hunn et net richteg ugepaakt.“

Si hunn déi lescht Woch, ech hu mer d'Méi gemaach, fir dat de Moien nozekucken, an Däitschland 537.000 Leit getest op 80 Milliounen. Ech mengen, mir haten der d'lescht Woch 80.000 op 640.000 Leit. Ech mengen, dat léisst sech duerchaus weisen, mee dass een déi Zuelen net kann a Relatioun zuenee setzen, dat schénkt mer wuel bekannt ze sinn. An ech géif awer gären dem Här Wiseler drop äntweren.

Ech sinn der Meenung, dass eisen Ausseminister an och eise Premierminister, den Här Asselborn an den Här Xavier Bettel, sech de Weekend ganz, ganz fir hiert Land agesat hunn a besonnesch intervenéiert si bei eisen Nopeschlänner, fir hir Positioun ze revidéieren. Ech erënneren do och un eng Schrëft, déi erauskomm ass, den Här Gloden, dee weess dat, vum Här Streit, dee Landrat ass vu Prüm-Bitburg, deen u seng eege Regierung geschriwwen huet - dat ass och bei eis publizéiert ginn -, si sollen hir Zuelen emol a Relatioun setzen an da géife se gesinn, dass déi Zuelen zu Lëtzebuerg absolutt net hierginn, ...

► **M. André Bauler (DP).**- Très bien!

► **M. Gilles Baum (DP).**- ... dass Lëtzebuerg soll als Risikogebeiert aklasséiert ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Baum (DP).**- Dës Zuelen an och d'Prognosen, déi mussen eis awer, an do sinn ech bei lech, déi mussen eis awer ze denke ginn. Mee ech mengen awer, dass mer d'Situatioun ënner Kontroll hunn. A fir dass dat och esou bleift, muss mer elo handeln a mir mussen elo méi streng ginn.

Mir maachen dat alleguerten net gären, mee wann ee Politik mécht, da weess een: Déi richteg Decisiounen, dat sinn net ëmmer déi bequeemst an déi einfachst!

Do, wou Leit zesummekommen, ginn elo nei Restriktiounen agefouert, ob dobannen, ob -.dobaussen, ob am privaten oder am öffentleche Beräich, do wäert d'Limit bei zéng Leit leien. Dat ass déi gëlle Reegel. Am Privaten dierf een natierlech bis zu zéng Leit alueden. An eise Rapporteur, deem ech och Merci soen, huet drop higewisen: Wann Der e Stot sidd mat véier Leit, dann dierft Der bis maximum zéng Leit bei lech invitéieren. A wann Der zu zwee sidd, dierft Der natierlech och bis zu maximal zéng Leit invitéieren.

D'Gréisst vun den Treffere muss erofgesat ginn, fir dass esou weening Leit wéi méiglech a Kontakt geroden. An den Här Wiseler huet virdru gesot, eis sozial Kontakter sollten ëm 80 % erofgefuert ginn. An ech ginn lech recht, Här Wiseler: Jo, dat ass enorm. Dat ass enorm! Esou gi mer, wa mer awer eis Kontakter limitéieren, dem Virus manner Geleeënheet, vun enger Persoun op déi aner iwwerzegoen, an esou kënnen mer d'Infektiounskette kleng halen an haaptsächlech d'Infektiounsketten ënnerbrieche.

Bei mir doheem ass et am Summer wéi an engem Beiestack. Do ass ëmmer immens vill Va-et-vient: Et komme Kolleegen op Besuch, d'Nopeschkanner komme spillen, bei meng Teenager kommen hir Frënn. Mee dat wäert dëst Joer op alle Fall vill, vill méi roueg sinn. An ech hunn et schonn eng Kéier hei um Riednerpult gesot: E flott Lagerfeier mat engem gudde Patt vun der Musel, dat huet och säi Charmel! An da sinn et eeben dëst Joer manner Grillpartien an dann eebe méi am klengen Krees. Ech wäert op alle Fall, esou wéi mir alleguerten, mengen ech, mäin Deel derzou bäidroen, fir d'Infektioun probéieren anzedämmen.

Während et am öffentleche Beräich an op der Aarbecht méiglech ass, d'Kontrolle vun der Police a vun der ITM ze verstärken, esou ass dat am Private kaum méiglech. Dat ass och gutt esou, well de Schutz vum Privatliwien an de Schutz vum Doheem, ech mengen, dat ass dat héchste Gutt an eisem Rechtsstaat. An duerfir ziele mer weiderhin op d'Eegeverantwortung a mir zielen och weiderhin op d'Solidaritéit vun alle Matbierger dobaussen.

An am Endeffekt resuméiert sech déi ganz Situatioun op eng ganz einfach Fro: Sinn ech bereet, d'Liewe vu menge Matmënschen op d'Spill ze setzen, nëmme fir mäin eegene Ple-séier? Well et ass genee dat, wat ee riskéiert, wann ee sech net un d'Geste-barrière hält. Et ass nämlech genee dat, wat ee riskéiert, wann ee sech net un déi aktuell Gesetzer hält.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Baum (DP).**- Eng Persoun geet duer, eng eenzeg asymptomatesch Persoun am enke Kontakt mat anere geet duer, fir de Virus weiderzeginn, vläicht un eng villmoolabel Persoun, déi dorunner ka ganz schwéier krank ginn an och dorunner ka stierwen. Dat hei, déi Situatioun, déi mer am Moment duerchliwien, ass kee Spill. Nee, et ass batteren Eesch. Duerfir ass et jo elo schonn déi x-te Kéier, wou mer hei am Haus d'Gesetz upassen.

A well et esou eescht ass, wäert och méi streng sanktionéiert ginn. Leit, déi sech zum Beispill net un hir Quarantän halen, Leit, déi missten doheem bleiwen an awer erausginn, mussen mat enger Geldstrof vu bis zu 500 Euro rechnen.

An och bei de Betriber gëtt a muss méi staark duerchgegraff ginn. Wa sech net un d'Reegele gehale gëtt, da ginn et Strofe vu 4.000 Euro, 8.000 Euro, a vill méi wichteg, am schlimmste Fall kann de Betrib fir dräi Méint zougemaach ginn.

Och mat engem Verloscht vun de staatlechen Hëlfele an engem Zréckbezuale vun deenen Hëlfele, déi e Betrib scho kritt huet, muss gerechent ginn, wann déi sanitär Mesuren net agehale ginn.

Dat ass net nëmme eng weider Measure, fir d'Verbreede vum Virus an de Grëff ze kréien, mee och e Gest géint onfairt an onsolidarescht Handele vun e puer weinege Betriber géigeniwwer där ganz, ganz grousser Majoritéit vu Betriber, déi hiert leeschten, déi d'sanitär Reegelen anhalen, fir hiert Personal an och hir Clienten ze schützen, an dat, obwuel et souwuel méi zäitwéi och méi käschtenintensiv ass.

Kolleeginnen a Kolleegen, eist Land ass bis elo relativ gutt duerch dës sanitär Kris komm an eise Gesondheetssystem ass net un d'Grenze vun der Belaaschtbarkeet gestouss, wéi mer dat an anere Länner gesinn hunn. An awer kann déi Situatioun sech änneren.

Dat Gefill vu falscher Sécherheet, dat vill Leit anscheinend derzou verleet huet, net méi opzepasst, ass geféierlech. An dowéinst wäerten an den nächste Wochen a Méint och Sensibiliséierungscampagnen eng grouss Roll spillen.

Dës Campagnë wäerte méi cibléiert sinn an an Zesummenaarbecht mat Associatiounen, Veräiner a Gemengen ausgeschafft an ëmgesat ginn. Och op den Aarbechtsplaze wäerten esou Campagnë lancéiert gi mat der Ennerstëtzung vun der UEL. Esou stelle mir sécher, dass wichteg Messagen direkt bei de Leit ukommen.

Dës Kris kann een net am Alleingang iwwerstoen. Mir alleguerten zesumme mussen un engem Strang zéien a Verantwortung fir eist eegent Verhalen iwwerhuelen.

Fir vill Leit huet d'Summervakanz schonn ugefaangen. D'Fro ass: Wéi solle mer bei deem schéine Wieder dobaussen eise Summer dann elo genéissen? Dat ass, mengen ech, net esou schwéier. Mir sollen d'Geste-barrière respektéieren - Hänn wäschen, Mondschtz an Ofstand halen - an eis awer och wannechgelift net geckeg maache loossen an net a Panik ausbriechen. Mee mir sollen eis a mir sollen anere Leit eng Freed maachen. Mir sollen an d'Restau-



rante goen, mir sollen an d’Butteker goen, mir sollen eis lokal Gastronomie an eis lokal Commercen ënnerstëtzen a mir sollen d’Suen hei am Land loossen - #vakanzdoheem.

Jo, d’Freed um Liewen, déi solle mer eis och an där Situatioun, an där mer sinn, net huele loos-sen. Mee mir mussen ëmmer drun denken, dass mer eis un d’Reegele mussen halen. Well: „... déi puer Minute Freed, déi ee kann hunn, kënnen duerno vill Leed mat sech bréngen“. Dëse Saz sot eise Premier, an dat ass deen, deen ech lech haut gäre géif mat op de Wee ginn.

Ech ginn natierlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz a soe Merci fir d’Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools. D’Madamm Hansen freet d’Wuert.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech wëll dem Här Baum just eng Fro stellen. Hien huet gesot gehat, wann ee sech net un d’Gestes barrières géif halen, dann hätt een u sech d’Verant-wortung, wann een aneren zum Beispill géif krank ginn.

Duerfir ass meng Fro, déi ech un den Här Baum gär wëll stellen: Mengt hien dann net, datt d’Re-gierung do och eng Verantwortung hätt an dat dann eeben do misst grad méi kloer reegelen, do wou et elo net gereegelt ass? Zum Beispill awer nach ëmmer an de Schoulen, d’Geste-bar-rière bei de Rassemblementer dobaussen oder och zum Beispill bei de Vakanzenaktivitéiten, déi mer scho méi dacks ugeschwat hunn.

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Ech ginn d’Wuert zrëck un den Här Gilles Baum.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Ech mengen, ech schwätzen d’Vakanzenaktivitéiten un. Et ass jo net fir d’éischt, wou dat elo geschwat ginn ass. Dat hu mer och e Méinden an der Kommis-sioun gesot an et gëtt geschwat vu 50 Kanner. An et schéngt mer awer esou, wéi wa gesot gi wär - an ech referéiere mech hei op d’Josée Lorsché -, dass effektiv Direktiven eraus wären, dass déi Gruppen net méi grouss dierfte si wéi zéng Kanner. Dat schéngt mer awer dat ge-wiescht ze sinn, wat d’Madamm Lorsché gesot huet - dorun halen ech mech.

Da komme mer zum Theema Schoul. Jo, mir hunn natierlech elo - an den Här Wiseler huet et virdu gesot - gemierkt, dass mer effektiv Cluste-ren an de Schoulen hunn. Wann ech mech ka referéieren op den „Essentiel“, si 27 Klassen a Quarantän gesat ginn, et sinn awer och 7.000 Klassen opbliwwen.

Jo. Et muss ee sech awer och als CSV d’Fro stel-len, a mir stellen eis se natierlech och: Wat maache mer de 15. September?

(**Interruptions**)

Voilà!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Genau déi Fro stelle mer!

► **M. Gilles Baum (DP).** - Ma ech stellen lech dann d’Fro. Ech stellen lech d’Fro ganz kon-kreet!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wat géift Dir da maachen?

► **M. Gilles Baum (DP).** - Stellt lech vir, zu Esch gëtt eng Klass a Quarantän gesat. Seet d’CSV dann: „An der ganzer Gemeng Esch ginn d’Schoulen zougemaach!“?

► **M. Marc Baum (*déi Lénk*).** - D’CSV seet souwisoou ganz komesch Saachen zu Esch!

► **M. Gilles Baum (DP).** - Oder gëtt gesot: „Mir setzen déi Klass a Quarantän!“? Oder setze mer just eng Schoul a Quarantän?

Ech mengen, dat si Froen, déi mir eis stellen. Mee dat si Froen, déi Dir lech och stellt!

A wa mer schwätze vu 60 Kanner, déi 30 am Primaire an déi 30 am Secondaire, dat sinn déi Zuelen, déi mer gelies hunn, déi effektiv infizé-iert waren. Woubäi ech awer net weess, ob se sech am Privaten infizéiert hunn oder ob se sech an der Schoul infizéiert hunn.

Da muss ee kloer kënnen soen: Jo, et ware 60 Kanner, déi infizéiert waren, mee et sinn der awer nach ëmmer 90.000 an d’Schoul gaan-gen. An, et deet mer leed, mir kënnen keng 90.000 Kanner doheem loossen, well sech der 60 infizéiert hunn!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mee et sinn ...

► **M. Gilles Baum (DP).** - Do musse mer awer kloer och elo, mengen ech, Faarf beken-nen!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir maachen awer 600.000 Lëtzebuerger hiert Privatliewen, och wa mer net ... Mir hunn awer net esou vill Infektiounen. Also déi Proportiounen do, déi stëmmen awer och fir d’generell Situatioun.

(**Interruptions**)

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci, Här Baum.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech wëll just nach eng Kéier widderhuelen, datt den Här Meisch gesot huet, an der Schoul géif kee sech ustiechen, an datt do verschidde Saachen esou net stëmmen!

An ech hunn eng Question urgente gestallt an, wann ech dem Här Baum seng Interventioun elo richteg interpretéieren, da géif ech men-gen, d’Urgence vu menger Fro misst unerkannt ginn an ech misst déi Fro och kënnen de Mët-teg stellen.

Merci.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Très bien!

► **M. Gilles Baum (DP).** - Woubäi ech awer wëll ...

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Ma-damm Josée Lorsché.

Den Här Gilles Baum wëllt awer nach reagéie-ren.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Ech wëll awer der-bäi soen, dass, wann 30 Kanner am Primaire infizéiert waren an 30 am Secondaire, net be-wisen ass, wou déi Kanner sech ugestach hunn.

(**Interruptions**)

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dat ass déi Fro, déi mer gäre gekläert hätt mat de Cluste-ren. Mir hunn eng Motioun.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Déi kritt Der och net ... Also, sorry, déi kritt Der och net esou ge-kläert!

► **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Sou. Ech mengen, elo wier et un der honorabler Ma-damm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d’Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (*déi gréng*).** - Villmools merci, Här President.

Ech wëllt nach just ergänzen, wat den Här Gilles Baum virdu gesot huet vun deene 50 Kanner: Ech mengen, virun e puer Deeg ass eng Kommunikatioun vum Här Meisch eraus-komm, wou en drop higewisen huet, dass déi Zuel soll op 30 reduzéiert ginn, fir där doter Evolutioun Rechnung ze droen, an dass inner-halb vun deenen 30 Kanner och kleng Gruppe solle gemaach ginn. An ech mengen, dat ass ganz am Sënn vun deem, wat mer elo feststel-len um Terrain, dass wierklech bei de Vakanzen-aktivitéite ganz vill Uecht gedoe gëtt. An, ech mengen, déi Aktivitéite fannen och zum gréis-sen Deel dobausse statt. Dat hunn d’Gemen-gen och mat esou organiséiert. D’Gemengen hunn och do hir Verantwortung ze droen.

An, ech mengen, wa mer wëlle Verantwortung am Land iwwerhuelen, mussen d’Gemengen eeben ëmmer erëm mat genannt ginn, ëmsou méi wann et ëm Aktivitéite geet, déi och ënner hirer Verantwortung lafen. An ech ginn dervun aus, dass hei kee Schäfteen an och kee Buerger-meeschter oder en anere Gemeengepolitikier ass, deen dat anescht gesäit.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (*déi gréng*).** - Dat ge-sot, géif ech dann zu dësem Projet de loi kom-men, wou ee vläicht als Éischt muss viraussché-cken, dass mer mëttlerweil eng gewësse Rou-tine hunn zanter dem État de crise, jiddefalls wann et drëms geet, a kierzester Zäit Gesetzer auszeschaffen an ze stëmmen. Deen Tempo hate mer nach net oft opleien, zanter ech mech kann erënneren.

D’Zil ass a bleift awer dat selwecht: Et geet jo drëms, als Chamber op d’Entwécklung vun der Pandemie ze reagéieren an eis Gesetzgebung natierlech entspriechend unzepassen.

Leider weisen d’Zuelen zolidd no uewen - ech brauch se net ze widderhuelen, well dat jo elo awer bekannt ass -, soudatt mer d’Gesetz vun der leschter Woch schonn haut op dräi Punkte modifizéieren.

Ech weess, Här Wiseler, Dir hätt léiwer gehat, direkt d’lescht Woch. Mee ech mengen, eng Woch méi spéit ass awer nach keen Drama. D’Haaptsaach ass, virun der Vakanz hu mer dat richtegt an néidegt Gesetz. Mir maachen na-tierlech d’Gesetz vun der leschter Woch mat dëse Modifikatiounen e wéineg méi restriktiv, awer net extreem.

Déi éischt Modifikatioun bezitt sech bekannt-lech op d’Zuel vun de Leit, déi an engem Pri-vathaushalt dierfen empfaange ginn. Ech soen net „invitéiert“, well et schellt munchmol un der Dier, wa Kollege kommen, wéi den Här

Baum gesot huet, da kommen d’Leit, déi net invitéiert sinn, mee och déi léisst een natierlech eran, ...

(**Hilarité**)

... natierlech zousätzlech zu deene Persounen, déi souwisoou am Haushalt liewen.

Well et sech mëttlerweil erwisen huet, datt eng ganz Rei Infektiounen op méi oder manner grouss Privatfeieren zrëckzeféiere sinn, ass et jo nëmme logesch an normal, datt un där doter Schrauf gedréit muss ginn.

Dat heescht ganz sécher keen Zréck an de Confinement.

Et heescht awer, datt d’Zuel vun de Gäscht jo ëm d’Hallschent reduzéiert gëtt vun 20 op 10, fir eebe grad den direkten Infektiounsrisiko am Privatstot ze verhënneren, ëm d’Hallschent ze reduzéieren, emol onofhängeg vun der ganzer Ketten, déi vun engem eenzegen Infizéierte kann ausgoen, während sech awer un der Fräi-heet, weiderhi Famill a Frënn doheem ze tref-fen, näischt ännert; an dat ass eis wichteg ze betounen.

Dës Fräiheet ass immens wäertvoll an et ass u sech e Grondrecht an eiser Demokratie. Dës Fräiheet auszeüben, heescht awer och, verant-wortlech domat ëmzegoen a sech bewosst ze sinn, datt d’Fräiheet an d’Gesondheet en Deel vun engem Ganze sinn. An anere Wieder: An engem Land, wou et keng Gesondheet gëtt, do gëtt et och keng Fräiheet.

Dowéinst ass et ëmsou méi wichteg, datt all Einzelen zum Schutz vun der Gesondheet bäidréit a sech bewosst gëtt, datt Eegeverant-wortung grad wéi beim Testen net just fir anerer däerf gëllen.

Eegeverantwortung ass och a virun allem an de Familien onëmgänglech. An et war och positiv festzustellen, datt déi grouss Majoritéit vun de Familien hir Verantwortung am Confinement iwwerholl hunn an och an den Etappen duerno.

D’Disziplinn, mee och d’Elengsinn an deene laange Wochen, huet allerdéngs och vill Leit op d’Prouf gestallt a mental midd gemaach, kann ee bal soen. Dat geet ënner anerem och aus enger rezenter Etüd ervir, déi de LISER opge-stallt huet an déi net méi spéit wéi geschter nach eng Kéier an der Heichschoukkommis-sioun diskutéiert ginn ass.

Dir Dammen an Dir Hären, géint dës mental Middegkeet ass d’Zesummekomme mat Frënn eng gutt Medezinn, well all Mënsch sozial Kon-takter brauch, fir mental gesond ze bleiwen.

De Problem ass awer, datt d’Pandemie net erivwer ass, well am Géigesaz zum Mënsch gëtt de Virus net midd! A wéi d’Mënsche sech elo als Gemeinschaft verhalten, wäert weesen-lech doriwwer entscheeden, wéi et mat der Pandemie weidergeet.

Dir Dammen an Dir Hären, et sinn also net d’Virologen oder d’Fuerscher, déi virdrun och scho genannt gi si vu menge Virriedner, déi de Verlaf vun der Pandemie mat der Berechnung vu Schreckenszenarien entscheeden, an et ass och net eleng d’Politik.

Et ass villméi un der Gesellschaft, an domat un all Einzelen, fir dem Virus e Strich duerch d’Rechnung ze maachen an duerch d’Redukti-oun vu senge Kontakter an Interaktiounen ze beweisen, datt d’Schreckenszenarien net mus-sen antrieden.

A wat dat eis méi séier geléngt, wat et och méi einfach gëtt, verschidde Restriktiounen, wéi déi vun der maximaler Besuchszuel beispillsweis, nees opzehiewen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e wéineg an-escht gelagert ass déi zweet Dispositioun vun dësem Projet de loi. Se betrëfft net eis ganz Ge-sellschaft, mee limitéiert sech op zwou Katego-rië vu Persounen.

Éischtens op déijéineg, déi bewisenermoossen infizéiert sinn a sech laut dem scho besteende Gesetz während zwou Woche mussen isoléieren; zweetens dann op déijéineg, déi en héije Risiko hunn, infizéiert ze sinn, „personnes à haut ris-que d’être infectées“, wéi et am Gesetz heescht, well se an engem enke Kontakt mat engem oder méi Infizéierte waren an eng Quarantän da veruerdent kréie bis zu deem Moment, wou se negativ getest sinn.

Fir béid Kategorië gëtt mat dësem Projet de loi eng Sanktioun agefouert fir de Fall, wou se den Isolement oder d’Quarantän verloossen an doduerch riskéieren, aner Leit unzestiechen.

Dir Dammen an Dir Hären, de Respekt vun der Isoliatioun a vun der Quarantän huet bewise-nermoossen e groussen Impakt op d’Ënnerbrie-chung vun den Infektiounsketten. Dat stellt keen a Fro.

Fir datt dësen Impakt ouni mental Kolateral-schied zum Droe kënn, ass et absolut wën-schenswäert a richtig, datt déi Responsabel vun der Santé déi Betraffe vun der Wichtegkeet

vun deene Moossnamen iwwerzeegt kréien. Se musse se beschtméiglech begleeten, infor-méieren a Vertrauen opbauen, besonnesch och an deene Milieuen, déi méi schwéier erreech-bar sinn - a menger leschter Ried war ech méi am Detail op déi Milieuen agaangen.

Fir vill Mënsche bedeit den Isolement nämlech eng extreem Belaaschtung, déi net einfach vun der Hand ze weisen ass oder klengzerieden ass, virun allem net dann, wa Kanner, ganz Famil-len an och vill eeler Leit dovun beträff sinn.

Eng Roll spillt natierlech och d’Wunnsituatioun. An ech géif emol behaupten, datt eng Quaran-tän oder en Isolement an engem klengen Zëm-mer eppes anescht bedeit wéi en Isolement oder eng Quarantän an enger grousser Villa.

Grad dowéinst ass d’Moosssnam vun der Sank-tioun net ganz onëmstridden. Bei deene Betraf-fene verméttelt se nämlech e wéineg d’Gefill, wéi wa se scho mat engem Fouss am Prisong géife sëtzen, soubal wéi se ee Schrëtt aus dem Haus maachen, quitte datt et sech natierlech just ëm Geldstrofen handelt bis zu 500 Euro. An duerfir schwätzen ech och just vum Gefill, wat bei deene Betraffenen entsteet. Et ent-sprécht net den Tatsaachen.

Här President, op där anerer Säit muss een dann awer och bedenken, datt d’Méiglecheet, eng Sanktioun auszuschwätzen, eigentlech keen a-nert Zil verfollegt wéi dat, datt déi Betraffe sech ganz genee un dat Gesetz halen, wat mir schonn zanter dem Enn vum État de crise hunn.

Wéi an deene meeschten anere Länner ass den Isolement an d’Quarantän deemools och an eist Gesetz ageschriwwen ginn als eng vun den effikasseste Moossnamen iwwerhaapt, fir d’U-stiehungsketten ze ënnerbrieche an anerer ze schützen.

Wéi bei villen anere Gesetzesiwwerschreidun-gen och, déi aner Mënschen a Gefor bréngen, gëtt mat Sanktiounen geschafft.

Well et sech an dësem Fall vum Isolement a vun der Quarantän aus eng ganz sensibel Beräicher handelt, hoffe mir als Gréng, datt d’Sensibiliséie-rung an d’Begleitung vun deene Betraffenen d’Reegel wäert bleiwen an d’Sanktiounen d’Aus-nam. Net anescht gesäit et och déi berodend Mënscherechtskommissioun.

Dir Dammen an Dir Hären, ech komme bei déi drëtt a lescht Dispositioun, déi den Horeca-Sec-teur betrëfft, wou d’Bedreiwer vun de Lokaler laut Gesetz dru gehale sinn, gewësse Reegelen ze respektéieren. Och déi sti schonn an eise-m Gesetz, sief et beim Amenagement vun de Raimlechkeeten, sief et um Niveau vun der Schléissung um Mëtternuecht.

Hei spillt u sech déi selwecht Logik wéi bei der Dispositioun vu virdrun. Och an dësem Fall geet et drëms, e gesetzeswiddregt Verhalen ze be-strofen, an zwar doduerch, datt d’Lokal bei wid-derhuelte Verstéiss fir dräi Méint zougemaach ka ginn.

Dës potenziell Strof gesi mer als ganz sënnvoll un. Se wirkt u sech ofschreckend a wäert eiser Meenung no dozou bäidroen, datt et net méi zum Verstouss vu Reegelen am Horeca-Secteur wäert kommen. Et ass nämlech schwéier virstell-bar, datt e Bedreiwer oder Proprietär vun engem Lokal et drop ukomme léist an de Risiko wëllt lafen, dräi Méint op Recettë mussen ze verzich-ten - wou ee muss wëssen, datt den Horeca-Sec-teur ganz schlëmm vun der Kris beträff ass.

Här President, nodeems mer virgëschter mam Gesetz vum Large-Scale-Testing un d’Verantwor-tung vun all Einzelne heibanne wéi dobaus-sen appelléiert hunn, maachen ech dat mat dë-sem Projet de loi nach eng weider Kéier. Och hei gehéiere mir nach zu deene Länner, déi mat am fräiheetlechste mat der Pandemie ëmginn an d’Restriktiounen op engem absolute Minimum halen. Dat soll weiderhin eist Zil bleiwen.

D’Alternativen dozou gesi mer a China bei-spillsweis. D’Alternativ nennt sech Zwang, Kon-troll, Iwwerwaachung, Bespëtzlung, Denon-ciation an Isolatioun.

Well all dëst an eiser fräier Demokratie keng Plaz verdéngt an enger Demokratie net wier-deg ass, muss jiddwereen un der Andämmung vum Virus matwierken an net dervun ausgoen, datt d’Politik eleng alles ka richten oder Won-ner ka wierken. Dat wär wierklech ze vill schéin!

Dir Dammen an Dir Hären, domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun och fir dëse Projet de loi, dee véierten an der Rei vun de Covidgesetzer mëttlerweil. An eise-m routi-néierte Rapportier, dem Mars Di Bartolomeo, soen ech natierlech nach eng Kéier villmools Merci fir säi Rapport, mee och fir säi flénken Asaz an der Kommissioun - wou ech muss soen, déi konstruktiv Zesummenaarbecht ass wichteg a se mécht Freed.

Domat soen ech Merci fir d’Nolauschteren a wënschen lech alleguer e puer gemittlech Deeg an der Vakanz, falls se da sollt kommen, am beschten doheem, um Stauséi, reservéiert oder net.



► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (*ADR*).**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kollegen, mir sinn haut befaasst mam sougenannten drëtten Covidgesetz, wat mer praktesch bannent engem Mount hei stëmmen. E Merci dem Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Haut virun aacht Deeg ware mer befaasst mam sougenannten zweete Covidprojet, an dee Projet vun haut baséiert op dësem Projet, mat einzelnen Ofännerunge fir der Epidemie entgéintziewierke virum Hannergrond, wou sech elo d'Gefor opdeet vun enger zweeter Well, déi et jo gëllt ze verhënneren.

Gëschter krute mer iwwert d'Press weider Datamaterial geliiwert, wat dës Epidemie betrëfft, wou ee muss generell feststellen, datt géintiwwer der éischter Well dës Kéier d'Alterslimit érofgëet. Dat wëllt soen, déi Leit, déi positiv getest ginn, ginn ëmmer méi jonk.

Ech wëll mech haut net befaasse mam ganze Gesetz. Dat hate mer schonn deels virun aacht Deeg gemaach. Mee ech wëll just e puer Bemierkunge maachen zu den Ännerungen, iwwert déi mer haut befannen. Et geet haut drëm, fir am private Beräich Aschränkunge méi streng ze maachen, verbonne mat Strofen, awer fir den Horeca-Secteur ännert sech näischt.

Fir unzefänken ass generell ze soen: Mir goufen a mir gi jo am Ausland als Risikoland duergestallt, a mat deene Mesuren, déi d'Regierung de leschte Sonndeg geholl huet, confirméieren oder bewiese mer jo selwer, datt mer e Risikoland sinn. Dat ass e Widdersproch zu deem, wat bausse gesot gëtt, ausserhalb vun dem Land, an deem, wat hei am Land da gemaach gëtt.

Bis de leschte Sonndeg oder Méindeg si mer jo dervun ausgaangen, datt déi vill positiv Tester zréckzeféiere sinn op déi vill Tester, déi hei am Land gemaach ginn. Mee zanter gëschter nom Pressebriefing vun der Madamm Ministesch huet sech dat jo deels geännert.

An da kommen ech zum éischte Bedenken, dee mer zu dësem Gesetz hunn. De leschten Donneschdeg hat ech lech scho gesot, datt mer e Problem als ADR dermat hunn, wann eis Fräiheeten, déi an der Verfassung verankert sinn, ageschränkt ginn. Hei misst dann och an deem Fall d'Parlament mat enger Zweedréttelmajoritéit doriwwer befannen, an net mat einfacher Majoritéit.

Dat kéint ee maachen, wa mer e Verfassungsgericht hätten. Mäi Kolleeg Roy Reding hat jo esou e Verfassungsgericht an enger Proposition de loi virgeschloen. Dann hätte mer, an deem Fall wou mer esou e Verfassungsgericht hätten, hiren Avis virleien, wat ons Aarbecht da géif ënnermaueren.

Elo nach e puer Wuert zu den Aschränkungen am private Beräich vun 20 op 10 Leit. De leschten Donneschdeg hat ech jo ewell gesot, datt dat net ze kontrolléieren ass. Hei kann een nëmmen op de Wee goe vun enger Responsabiliséierung oder Sensibiliséierung vun de Leit.

Mee den Här Minister François Bausch huet gëschter op RTL awer Follgendes gesot - dat beonrouegt ons ganz staark -, an zwar zu de Polizeikontrollen am private Beräich. Ech zitieren: „Och wann d'Police net do erageet, d'Police kann do e Protokoll, also e Procès-verbal maachen. Da gëtt eng Enquête gemaach géint deen. An da muss deen natierlech bewiesen, datt et net esou ass.“ An dunn huet en hannendrugehaangen: „Ech mengen, mir wëllen net e Polizeistaat.“

Dozou muss ee soen: Dach, dat ass e Polizeistaat, deen den Här Policeminister do wëllt. Wie mengt, dee weess jo bekanntlech näischt!

Dat hei ass eng Violatioun vun den elementairste Prinzippien, vläicht dee wichtigste Prinzip vun eisem Rechtsstaat, nämlech datt den Ukloer muss seng Uklo beweisen, an net ëmgedréint. Et dierft engem Minister an engem demokratesche Land net am Dram afalen, net an d'Meenung kommen, a scho guer net um Radio iwwert d'Lëpse kommen, esou Aussoen!

D'Ëmkéierung vun der Beweislaascht ass wierklech e ganz staarkt Stéck!

Dat ass genau, wéi wann ech mar de Moien op eemol a menger Boite e Procès-verbal virfanne vun der Police, ech hätte deemools do an do dat geklaut. An da misst ech beweisen, datt ech et net war. Esou kann een dat och gesinn. An dat ass e staarkt Stéck, wat ons beonrouegt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Jeff Engelen (*ADR*).**- Zweet Bedenken: Wéi kënne mer e Gesetz stëmmen, wou et der Madamm Ministesch emol net kloer ass, ob

mer an déi 30 „Klusteren“ (ndlr: Clusteren) hunn oder Infektiounsherden? Déi zwee beschreiwen nämlech an der Medezinn konträr Phenomeener, kontradiktoresch!

„Kluster“ ass en zoufällge Zesummentreff vum Eenzelinifizierten zur selwechter Zäit op där selwechter Plaz. En Herd ass jo eng eenzeg Plaz, wou déi Krankheet sech street, vu wou se sech ausbreet - also genau de Géigendeel vum „Kluster“. Ech mengen, dat misst een emol eng Kéier och kloer heibanne soen.

Gëschter hat d'Madamm Gesondheetsministesch Follgendes gesot, ënner „Klusteren“: zwielfmol war et an enger Schoul oder engem Lycée; sechsmol a Bauentreprisen; fënnemol am Fleege- a Santésecteur, dräimol am Horeca an dräimol am Nettoyage.

Keng Donnéeën zu de private Partyen.

Sinn et sécher nëmme „Klusteren“, da brauche mir keng weider Aschränkungen am private Beräich. Sinn et Infektiounsherden, da brauche mer dës Aschränkungen, awer dat huet dann och seng Auswierkungen op d'Schoulentrée, well do ware jo déi meescht Infektiounsherden. Oder sinn et dach awer „Klusteren“? Dat misst kloergestallt ginn.

Firwat kréie mer Informatiounen ëmmer nëmme stéckelchersweis? Ech hat de leschten Donneschdeg well drop higewisen, datt mer e Covidgesetz maachen an d'Blant eran. Mir maachen also keng 10.000 Tester den Dag, mir maachen, bedéngt duerch d'Poolen, ongeféier nëmmen 3.000 Tester. Dat erkläert jo och de Problem vun der Madamm Ministesch, datt si keng 1.000 zousätzlech Eenzeltester ka maache fir Auslandsreesen.

Wat sinn elo eis richteg Testcapacitéiten am Hëlleflek op d'Etüd, déi eis fir Enn August eng Katastroph ukënnegt? Oder ass dat och nëmmen en Deel vun der Wourecht, wéi de „Kluster“ oder dach en Infektiounsherd, wéi deen net akkreditéierten Test dann e Pooltest ass an esou weider?

D'Chamber huet e Recht op déi richteg Äntwerten. Hätte mer déi eenzel Donnéeën aus der Datebank beim leschte Gesetz virun aacht Deeg zur Basis gehat, dann hätte mer deenen ewell kënne Rechnung droen. Ech hat jo och schonn de leschten Donneschdeg drop higewisen.

Drëtten Volet, dat ass: D'Regierung hält jo elo all Dag oder all zweeten Dag Pressekonferenzen of zum Covid an esou weider. A wann een déi emol genau kuckt, dann ass ee Widdersproch op deem aneren an deene Pressekonferenzen. Et ass keng Kohärenz do. A wann een dann déi Pressebriefinge vun der Santédirektioun och nach lauschtert, da gëtt et nach anescht.

Wat ass dann elo d'Wourecht? Dat ass déi Fro, déi mer eis musse stellen!

Zum Beispill ... Ech hu jo nach 1 Minutt 30, da geet et awer ...

(**Interruption**)

Jo, ech profitéieren.

D'Madamm Lenert sot am leschte Pressebriefing e Sonndeg den Owend - just e Beispill, ech hält der nach méi -: „Wat mer méi testen, hu mer vläicht méi eng héich Zuel u Leit, déi mer fannen.“ Si prezisiéiert awer och: „Den Taux de proportion vun de Leit, déi de Virus droen, dee bleift konstant.“

Domadder kënne mer all liewen. Net emol eng Minutt méi spët deelt d'Madamm Minister eis da mat, et wier op eng beonrouegend Aart a Weis eropgaangen, esoudatt si - d'Regierung ass gemengt - zur Konklusioun komm wieren, datt si missten handelen, an zwar do, wou wierklech de Problem léich - an dat huet méttlerweil jo jiddweree verstanen, dat ass natierlech de private Beräich.

A well mer e Verlaangen hunn no Normalitéit, huet d'Ministesch eis och erkläert, datt dat Ganzt nëmme fonctionéiere kann, wa mir eist Verhalten änneren a wierklech erëm d'Infektioun erofkréien op en Niveau, deen am ganze Land gerabel ass.

Op där selwechter Pressekonferenz virdru sot den Här Staatsminister Bettel am Ufank vun dësem Pressebriefing: „Esou wéi ech schonn d'lescht Woch gesot hunn, si mir net schockéiert a mir sinn an enger Situatioun, déi och ze maïtrisieren ass an och maïtriséiert gëtt.“

Ass et net widderspréchelech, wann ee Minister behaupt, d'Regierung wier net schockéiert an d'Situatioun wier ze maïtrisieren, wat och géif gemaach ginn, an déi aner Ministesch seet dann, mir missten déi Infektiounen erofkréien op e gerabelen Niveau?

Ech mengen, do si Widderspréch dran an dat geet och un d'Glafwierdegkeet. An duerfir ass och dobaussen an der Opinion publique deem schwéier Rechnung ze droen.

Bon, meng Zäit ass ofgelaf. Ech wëll dann ... Ech hätt jo nach e puer Saachen ze soen.

(**Interruption**)

Jo, ech kann awer nach weiderfueren, jo.

► **Une voix.**- O nee!

► **M. Jeff Engelen (*ADR*).**- Fir deem ganzen awer nach d'Kroun opzesetzen, muss an deem Zesummenhang elo onbedéngt gehandelt ginn - esou prezisiéiert dann den Här Bettel der Press nach eemol - a mer mussen Texter maachen, fir Saachen ze verschäerfen. Virdrun huet en de Contraire gesot, an dann op eemol kënnt d'Verschäerfen hannendrop!

An elo ass eeben déi Situatioun néideg. Esou ginn nees Restriktiounen am private Beräich geholl an et gëtt verschäerft kontrolléiert a penaliséiert.

An hei ass dann d'Fro: Firwat gouf dat da bis elo an deem Mooss net esou gemaach?

Elo wëlle se da méi verschäerft virgoen a si kruten dat virdrun emol net an de Grëff. Ech mengen, do si Kontradiktiounen an där ganzer Linn.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Här Engelen, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Jeff Engelen (*ADR*).**- Jo, ech kommen elo zum Schluss, Här President. Wat an dësem Gesetz bliwwen ass, dat ass: Keng Kohärenz a viles ass onkloer, wat erëm zu onnéidegen Diskussiounen dobausse féiert.

Mat dësem Gesetz gi vill Leit dobaussen am Land bestrooft, well eng Partie vun de Leit sech net un d'Gesetzer, un d'Spillreegele gehalen hunn, déi mer leider net kontrolléiert hunn.

An an deem Sënn soen ech lech Merci fir d'No-lauchteren. Aus all dës Fakten an Iwwerleeungen wäerte mir dëst Gesetz net matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Engelen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (*déi Lénk*).**- Merci, Här President. Mer hu grad gesinn: Een Af mécht der honnert! Knapps huet de Rapporteur ugefaangen, vu „Klusteren“ (ndlr: Clusteren) ze schwätzen, schonns ass dat an d'Lëtzebuergesch als Terminus iwwergaangen!

► **M. André Bauler (*DP*).**- D'Kluster ass eng Plaz zu Dikrech!

► **Une voix.**- Wéi heescht et dann op rumänesch?

► **M. Marc Baum (*déi Lénk*).**- An dobäi ass d'Zil vun dësem Gesetz jo, dem „Kluster“ ee Klauschter unzedinn!

► **M. André Bauler (*DP*).**- „Kluster“ kënnt vu „Klouschter“!

(**Hilarité et brouhaha**)

► **M. Marc Baum (*déi Lénk*).**- Här Bauler, ech si beandrockt vun Äre Kenntniss.

► **M. André Bauler (*DP*).**- Also déi Dikrecher Kluster, déi Parkplaz kënnt vu Klouschter.

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Dir sidd esou e Chouerbouf!

(**Hilarité**)

► **M. Marc Baum (*déi Lénk*).**- Mee loosse mer emol de Geck op der Säit! Dat hei ass elo effektiv fir d'drëtten Kéier innerhalb vu ganz kuerzer Zäit, wou mer zesummekommen an e Gesetz stëmmen oder e Gesetz, wat virläit, veränneren. A bal alleguerten d'Virriedner, den Här Wiseler, den Här Di Bartolomeo, d'Madamm Lorsché, hu sech begeeschtert driwwer gewisen, wéi séier d'Chamber hei geschafft huet.

Ech muss soen, ech si guer net begeeschtert! An ech mengen, mir hu ganz schluddereg geschafft.

Mir hunn e Méindeg, moies, eng éischte Kéier eng Reunioun gehat, wou d'Madamm Minister eis den Inhalt vum Gesetz virgestallt huet, wou mer awer nach keen Text virleien haten. Dëschdes hate mer dunn eng weider Reunioun, wou mer den Text opgrond vun enger schrëftlecher Basis dann eng éischte Kéier diskutéiert hunn. Gëschter, Mëttwoch, war den Avis vum Staatsrot do, dee mer diskutéiert hunn. An net méi spët wéi haut de Moien um néng Auer hate mer eng Reunioun, fir de Rapport unzehuelen.

An dëst an enger Woch, wou mer nach 20 aner Gesetzer hei an der Chamber diskutéieren! Dat ass, mengen ech, net ganz seriö geschafft an et ass d'Source vu Feeler, déi engem kënne geschéien. An ech kommen herno op d'Feeler zréck, déi geschitt sinn.

Ech wëll awer déi dräi Mesuren, well et handelt sech am Weesentlechen ëm dräi Mesuren, vläicht och kuerz kommentéieren, déi dëst Gesetz aschreift oder dësen Text aschreift.

Et geet engersäits ëm d'Beschränkung vu Rassemblementen op zéng Persounen am privaten an am ëffentleche Beräich, woubäi am privaten de Menage, deen invitéiert, heescht et, net matgezielt gëtt bei déi zéng Leit.

Déi Measure ass an hirer Proportionalitéit vläicht och novollzéibar, mee si iwwerrascht mech awer. Si iwwerrascht mech, well d'Limitatioun op 20 Persounen war eng vun deenen alleréischten Deconfinementsmesuren, déi d'Regierung geholl huet, wann ech mech net ieren de 15. Mee. A vum 15. Mee bis elo ugangs, Mëtt Juni, wou déi Reegel vun deenen 20 Leit bestanen huet, hu mer observéiert, datt d'Zuelen net massiv an d'Luucht gaange sinn. An et ass och ëmmer gesot ginn, datt deen Deconfinement, wéi d'Regierung e gemaach huet, datt deen eigentlech duerchduecht war an datt d'Zuelen dat och zum Deel beluecht hunn.

Datt mer grad eng Measure, déi awer schonn zënter dem 15. Mee, zumindest fir den ëffentleche Raum, gëllt, elo op zéng reduzéieren, werft zumindest an där doter Logik Froen op, och wann ech mengen, datt se net disproportionéiert ass.

D'Fro bleift och weiderhin déi vun den Infektiounsherden. Gëschter huet d'Ministesch gesot, et ginn der 33. Et sinn eng ganz Rétsch opgezielt ginn. Iwwert déi vun de Menagen oder vun de Partye vun iwwer 10 Leit oder an deem Fall vun iwwer 20 Leit ass dobäi awer net esou vill rieds gaangen, soudatt déi Measure zwar proportionéiert ass a mengen Aen an och iergendwéi enger Reegel vum gesonde Mënscheverstand entsprécht, si entsprécht awer net deem, wat an der Vergaangenheet kommunizéiert ginn ass.

Dat Zweet, déi zweet Measure, déi warscheinlech déi schäerfste Measure ass, dat ass, datt Bistrotten, Restauranten, Clubben et cetera, Betriber aus dem Horeca-Beräich, datt déi bei enger Recidive, also bei engem zweeten Fall, wou eng Infraktioun festgestallt gëtt, datt se net méi wéi bis elo nëmmen - o ben „nëmmen“ - 8.000 Euro Strof musse bezuelen, mee och kënnen eng Suspensioun vun hirer Autorisation d'établissement kréien, dat heescht, datt se dräi Méint laang net méi däreren opmaachen. An dat heescht warscheinlech fir déi meeschten, wann déi dote Strof geschwat gëtt, déi méi och manner sécher Faillite.

Dat ass déi strengste Measure. Och déi Measure ass novollzéibar, well ee sech seet: Mee e Bëtrib, dee sech méi wéi eng Kéier net un elementar Reegelen hält, jo, mee deen därer dann och eventuell vläicht net opmaachen. Da muss ee just hoffen, datt déi Measure och mat Aemooss geholl gëtt, well reng theoreetesch ass et och méiglech, datt déi Strof scho geholl gëtt, wann den Ofstand vun 1,5 Meter net bei all Dësch agehale gëtt. Do hoffen ech wierklech just op d'Aemooss vun der Applikatioun vun där doter Strof.

An dann déi drëtt Measure, dat ass d'Verschäerfung oder d'Aféierung vun enger Amende fir Leit, déi sech net un hir Quarantän an un hiren Isolement halen. An domadder, mat där Gläichstellung vun där Amende, hunn ech e bëssen e Problem, well ech mengen, datt et en Ennerscheid gëtt. Leit, déi am Isolement sinn, dat heescht, déi e positiven Test hunn, déi wëssen, datt si d'Quell si vu weideren Infektiounen, an déi sech dann net un den Isolement halen, ass a mengen Aen eppes anescht wéi een, deen an der Quarantän ass, wou et näischt Objektives, keen objektive Beweis fir seng Infektiounskraaft, wann een dat esou soen därerf, gëtt, an deen dann awer déi selwecht Panoplie vun Amendé kritt. An ech fannen, et ass op jidde Fall an eisen Aen net novollzéibar, datt et do keng Gradatioun dra gëtt.

D'Ministesch wäert elo drop äntweren, datt si déi Gradatioun an dem Ausschwätze vun där Peine awer mécht. Ech gleewen hir dat och! Just, e Rechtsstaat berout net op dem gudde Wëlle vun deem Eenzelen, mee op Prinzippien. An ech fannen, datt hei hätt missen e Prinzip agefouert ginn, datt hei hätt missen eng Gradatioun dra sinn an op jidde Fall net den Isolement d'selwecht traitéiert gëtt wéi d'Quarantän.

En plus muss ee soen, an d'Madamm Lorsché huet dat jo scho gesot, fir verschidde Leit ass et eng double Peine, well et ass effektiv en Ennerscheid, ob een d'Quarantän oder de Confinement mat eventuell enger Groussfamill an engem ganz klengen Raum muss verbréngen oder ob een déi um Land an enger Villa mat eventuell Swimmingpool verbréngen muss. Och dat ass e groussen Ennerscheid an och dat ass eng sozial Segregatioun, déi eleng schonn d'Basis vun der Quarantän a vum Isolement duerstellt.



Da muss ee sech froen, wa mer elo méi staark Strofen dodrobber setzen, ob d'Bereetschaft, fir sech dann um Large-Scale-Testing ze bedeelegen, doduerch onbedéngt méi grouss gëtt. Dat woen ech awer och a Fro ze stellen.

Ech gesinn awer och, datt hei déi Strofe proportionell sinn. Déi sinn och am Verglach mam Ausland net geckeg héich. Se belafe sech tëschent 25 a 300 Euro. Nawell gëllt déi prinzipiell Fro, déi ech virdu genannt hunn.

An da kommen ech op dat, wat d'Precipitation, dee Feeler, dee méi grouss ass, wéi ee mengt, un dësem Text mat sech bruecht huet. Der wësst, bei der Erfassung vun Donnéeën ginn et zwee Weeër, wéi virgaange gëtt. Engersäits ginn et déi Leit, déi negativ getest gi sinn. Deenen hir Donnéeën ginn 72 Stonne gehalen an da gi se geläscht. An et ginn déi Leit, déi positiv getest gi sinn, an do war den Ursprungsgedanken, déi Donnéeën, déi ginn dräi Méint laang gehalen, ënner anerem fir feststellen, ob Leit sech nach eng Kéier ustechen, an och fir iwwerhaapt de Confinement, fir d'Isolation kennen ze iwwerpräiwen, well d'Isolation ka bis zu sechs Wochen daueren.

An do hat deen alleréischten Text virgesinn, datt déi Daten dräi Méint nom Auslafe vum État de crise - steet am Gesetz - zerstiërt ginn. Dat ass en Datum, dee fix ass, dat ass de 24. September. Dat heescht, dëst Gesetz huet awer eng Dauer bis den 30. September! Dat ass eppes, wat an d'A spréngt. Dat heescht, ab dem 24. September gëtt et keng gesetzlech Grondlag méi, fir Daten ze erfassen. Dat ass deen éischte Problem.

Deen zweete Problem ass awer méi grouss, an dee wäert derfir suergen, datt mer warscheinlech net allegueren an der Vakanz um Stau leien, mee warscheinlech d'nächst Woch oder d'iwwernächst Woch erëm hei setzen. Dee besteet nämlech doranner, datt déi sechs Woche Confinement, déi maximal kënne geschwat ginn, déi muss ee jo da vum 24. September un no hannen oder no vir rechnen. An da si mer ongeféier beim 12. August. Dat heescht, déi doten Disposition muss geännert gi virum 12. August, soss kënne mer de Confinement iwwerhaapt net méi iwwerpräiwen an och scho guer net méi déi Peine, déi mer op de Confinement setzen, wat näischt anescht bedeit, wéi datt mer d'nächst Woch oder d'iwwernächst Woch erëm hei sëtze wäerten.

Dat ass eng Observatioun, déi vun der CNPD gemaach ginn ass. D'CNPD huet gëschter hiren Avis erageschéckt, während deem mir hei eis Discourse gehalen hunn a während deem natierlech och kee vun eis hei Zäit hat, deen Avis ze liesen. An de Moien ass dat dann dunn effektiv op d'Tapéit komm, et ass ugeschwat ginn. Ech mengen, de Sven Clement war deen, deen et als Éischten ugeschwat huet. An dat stellt e Problem duer. An et ass de Beweis, datt Schnellgeet net ëmmer en Zeechen ass vu Qualitéit.

An ech mengen, datt mer wirklech nach eng Kéier mussen un deen Text goen am Interêt vun der Santé publique. Well et ass jo net aus Bauzegkeet, datt déi dräi Méint am Ufank dra-stoungen! Et geet nämlech drëm erënzetracéieren, wéi d'Kontakter sinn, an et geet drëm, d'Isolation kennen objektiv ze iwwerpräiwen an duerfir eng gesetzlech Basis ze hunn.

Sou, elo leeft meng Zäit awer och fort. Ech soe just nach zwou Saachen. Ech mengen, dat, wat de Rapporteur gesot huet, wat mat dësem Gesetz verbonnen ass, nämlech Sensibiliséierung an Informéierung a verstärkten Aktivitéiten, wéi hien et och selwer beschriwwen huet, sinn ech frou, datt se geschéien. Ech denke just, se hätte scho vill éischter misse geschéien an net parallel zu dësem Gesetz, wou d'Kar awer schonn deelweis am Dreck ass.

An dat Allerlescht, wat ech soe wëll, dat ass: Ech sinn awer och éierlech liicht schockéiert doriwwer, datt elo eng Tendenz ass vu verschiddene Regierungsmemberen, unzefänken, Leit ze stigmatiséieren, a besonnesch déi, déi covidpositiv sinn. Well dat ware bis elo an der Vergaangenheet ëmmer Affer. An dat sinn et a mengen Aen elo och nach ëmmer, well dat si Leit, déi eng Krankheet hunn! An duerfir kann et net sinn, datt Ministeren ëffentlech soen, ech zitieren: „Et kann net sinn, datt vulnerabel Leit agespaart ginn, well Jonker net oppassen.“ Dat ass eng Pauschaliséierung an dat ass eng Verallgemengering an et ass eng Stigmatiséierung vun enger ganzer Generatioun, mat där ech op jidde Fall net averstane sinn.

Merci!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Nächsten ageschriwwene

Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt esou lues zur Gewunnecht, datt mer hei am héijen Haus iwwer Covid-19-Gesetzer net nëmmen diskutéieren, mee se dann duerno och nach ofstëmme.

De Projet de loi 7634, iwwert dee mer dann haut ofstëmme, gesäit vir, weider Contrainten a Sanktiounen anzeféieren, fir esou de Coronavirus hoffentlech laangfristeg ënner Kontroll ze bréngen.

Mir Piraten fannen d'Zil vun dësem Text, an ech hunn och keng Schan, dat zouzeginn, nobel. Et ass awer esou, datt mer eis froen, ob se et wirklech wäerte packen, déi Infektiouns-zuelen erofzekréien, ob déi Mesuren, déi mer haut stëmme, da wirklech déi richteg sinn, ob se duerginn.

Fir eis ass d'Reegelung mat den zéng Leit dat richteg Zeechen, mee ob et eis schlussendlech un d'Zil bréngt, sief emol dohigestallt.

Wéi d'Mënscherechtskommissioun an hirem Avis ënnersträicht, ass et primordial, fir esou Gesetzesprojete wéi deenen heiten, dee fundamental Rechter vun de Biergerinnen a Bierger aschränkt, genuch Zäit anzeplangen. A jo, ech si mer bewosst, datt mer déi Zäit net ëmmer hunn an datt et muss séier goen. Ech sot awer scho beim Gesetz, wat mer haut ofänneren, hei op dëser Plaz, datt mer, an do waren d'Zuele schonn esou, wéi se waren, besser hätten, dat Gesetz net ze stëmme, d'Amendement ze maache mat deem, wat mer haut stëmme, an dann alles zesummen ofstëmme.

Bref, d'Majoritéit huet entscheet, op Salamitaktik ze setzen an domadder eis nach eng Kéier ënner Zuchzwang ze bréngen, ganz séier net nëmmen Amendement ze huelen, mee en neit Gesetz. Dat ass e Choix. Et ass e Choix, deen ech net onbedéngt begreissen. Dat ass e Choix, deen dozou gefouert huet, datt d'Chamber ganz séier huet misse schaffen.

A wa séier geschafft gëtt, an dat hunn e puer Kolleeg schonn ugeschwat, da geschéie Feeler, da ginn et Saachen, déi ee vläicht iwwersäit. Dat féiert och dozou, datt Avisen nëmme sommairement kënne gekuckt ginn an net komplett.

Ech mengen do den Avis vun der Dateschutzkommissioun, déi sécherlech déi nämmecht Fro scho beim éischte Projet u sech hätt missen opwerfen. An dat weist, datt, wann een da fir d'zweet iwwert deen nämmechten Text kuckt, ee vläicht nach Saache fënn, déi, jo, bei der éischter Kéier schonn hätte kënne opfale, wa mer Zäit gehat hätten. Soit!

Zäit ass eppes, wat mer hei net hunn. Zäit ass e Luxus, dee mer eis net leeschte kënnen. Mee propper Gesetzzer schreiwen, dat ass kee Luxus. Dat ass eppes, wat mer u sech missten als Grondlag gesinn, als de Minimum, fir deen d'Chamber u sech do ass.

An et ass u sech all Institution an et ass net nëmmen der Regierung hir Schold, et ass net der Chamber hir Schold, et ass net dem Staatsrot seng Schold, et ass eis Schold alleguer, datt mer iwwerhaapt an deem Zäitdrock sinn. Et geet hei net drëm ze stigmatiséieren, ob déi eng oder aner Bevëlkerungsgrupp elo méi Party gemaach huet, méi prekär wunnt, sech méi séier oder méi schwéier ustécht. Et geet drëm, allegueren zesumme Responsabilitéit derfir ze iwwerhuelen, datt dee Virus hei sech net weider ausbreit.

Meng Virriedner sinn ewell am Detail op déi eenzel Mesuren agaangen. Loost mech awer op e puer Punkten zrëckkommen, wou et fir d'Piraten dach e bëssen hapert. Effektiv indiquéiere rezent Recherchë vun der Covid-19-Taskforce eng Necessitéit, fir déi privat Rassemblementer ze limitéieren.

Wann een de leschte Weekend gesinn huet, wat um Stau lass war, wann ee gesäit, wat doruechter lass ass, d'Schüler squatten am Park, Jonk an Al versammele sech bei Aperoen a Grillpartien. Jo, de Virus ass net nëmmen op deene grouse Parteien. De Virus verdeelt sech och am Privaten. Dat ass net forcement eng Party mat 100 Leit, dat kann och den Owend sinn, wou een zu sechs zesummesëtzt. Duerfir muss ee sech d'Fro stellen, ob déi Limitatioun, fir et op zéng erofzesetzen, net éischter eng Limitatioun ass, fir den Traçage méi effikass ze maachen. Et hëlleft, de Leit hir Kontakter méi einfach nozevollzéien.

D'Infektiounen ginn einfach doduerjer, datt een eng arbiträr Zuel an den Text schreift, net erof. Et gëtt just méi einfach, Infektiounsketten nozevollzéien.

D'CCDH (ndlr: Commission consultative des droits de l'homme) kënnt och zum Schluss a seet, datt et u sech eng Fro vu Kohärenz ass. Wa mer eis nämlech bei Decisiounen op wëssenschaftlech Erkenntnisser baséieren, da musse

mer verstoen, datt et wichteg ass ze klären, firwat de Risiko am Private méi héich ass wéi op anere Plazen.

Ass et, well Distanciatiounsreegele manner esocht geholl ginn? Ass et, well et nun emol kee Spaass mécht, fir och nëmmen zu sechs mat enger Mask um Dësch ze sëtze bei engem Pättche Wäin oder bei enger gudder Grillwurscht? Et ass warscheinlech dat. Et ass warscheinlech, well mer allegueren am Privaten, onofhängeg vun der Unzuel vu Leit, eis Gestebarriären e bësse vernoléisegen.

A genau duerfir, mengen ech, ass et wichteg, datt mer hei e Symbol setzen, e Symbol, wat, an och dozou hu mer scho geschwat, net wirklech vun der Police enforcéiert ka ginn. Et ass nämlech esou, datt mer net, an den Här Bausch huet dat richteg gesot op RTL, e wëllt net an engem Policestaat liewen. Ma ech wëll och net an engem Staat liewen, wou de Premier der Police an enger Pressekonferenz seet: „Ma fir dat doten ze enforcéieren, kënnt Der lech jo virum d'Hausdier vun de Leit stellen a Stréchlëscht féieren.“ Dat war e staarkt Stéck!

A wa mer dann net an engem Policestaat wëlle liewen, ma da musse mer ganz kloer soen: Dat dierf et net sinn! An et ass och schwéier, de Leit dobaussen ze erklären, datt se fir eng Privatparty an engem Restaurant zu 20 dierfen zesummekommen, op zwee Dëscher opgedeelt, an datt 12 Klassekomeroden, déi sech all Dag an der Schoul gesinn hunn, net duerfen ouni Restriktionen am Eislek op enger Weed e Picknick maachen. Och dat ass eng Fro vu Kohärenz!

Mir mussen also amplaz op Repressioun hei sécherlech och op eng besser Sensibiliséierung a Kommunikatioun setzen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et feelt eis an dësem Text heiansdo um Punch. Während am Horeca-Beräich ganz staark Sanktiounen geholl ginn, Sanktiounen, déi, wann een den Anekdoten, déi mer bis elo héieren hunn, gleewe kann, néideg sinn, well sech eng ganz Rëtsch Betriber dach einfach net un d'Reegele kënnen halen oder wëllen halen! A wien e puermol erwëscht gëtt, ma do huet souguer d'Chambre des Métiers gesot, datt déi Sanktioun vun der temporärer Suspensioun vun der Autorisation d'établissement okay ass. A wann d'Chambre des Métiers seet, datt dat vläicht dee leschten Outil ass, dann, mengen ech, kann een dat roueg esou matdeelen.

Wat eis awer feelt, ass, an dat huet de Marc Baum virdrun ugeschwat, e bëssen den Ennerscheid tëschent deenen eenzelne Mesuren. Mir hunn elo eng Mesure - 25 bis 500 Euro - drastoen, fir wann een d'Quarantän oder den Isolement brécht. Et bleiwen eng Rëtsch oppe Froen an där Mesure. Et bleift och eng Fro vun der Appreciation herno. An ech mengen, mir kënnen déi wirklech Wirkung vun där Mesure eréischt gesinn, wa mer wirklech den État des lieux herno maachen.

Ech mengen, eng zweet Saach, déi ech och schonn dobaussen e puermol gesot hunn, ass déi vun de Rassemblementer, déi méi spontan sinn. Mir hunn haut e Problem, datt et ganz schwéier ass, dat ze kontrolléieren. Mee ech si weiderhin der Meinung, datt d'Police an all aner Forces de l'ordre, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, sollten op Sensibiliséierung setzen.

An ech ka ganz gutt domadder liewen, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann et dann um Stau vläicht e puer Avertissements taxés fir ze parke manner ginn, mee duerfir d'Poliziste mat hirem perséinleche Schutzéquipement iwwert d'Wise ginn an de Leit soen, se solle wannechgelift hir Distanz halen, se solle wannechgelift eebe grad d'Sécherheet priméiere loosse vis-à-vis vun engem onkontrolléierten Austausch ënnereneen.

Mir sollen d'Gesondheet an de Vierdergrond stellen, ganz ouni necessairement op Repressioun ze setzen, mee andeem mer sensibiliséieren! A wann ech vu Repressioun schwätzen, da bleift mer awer nach ee Saz am Kapp hänken, an dat wäert och dee sinn, vun deem d'Piraten schlussendlech ofhängeg maachen, ob mer eis enthalte wäerten oder fir dëse Projet stëmme wäerten. An dat ass de Saz, wou den Här Bausch op RTL, an ech mengen oder ech hopen, et war e Lapsus, gemengt huet, bei Sanktiounen, nodeem eng Sanktioun geschwat wär, misst dann dee Sanktionéierte seng Onschold beweisen an net, wéi dat an engem Rechtsstaat ass, datt de Staat him seng Schold bewiese misst.

► **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Zitëiert mech emol, wou ech dat gesot hunn! Zitëiert mech, wannechgelift!

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Dat steet esou op RTL.lu.

► **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Dat ass erfionnt! Dat kënnt Der op RTL no-lauschteren.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Wann Dir sot, RTL hätt dat erfionnt, dann huele mer dat esou zur Notiz.

► **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Dat huet RTL awer net esou gesot.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Et steet op RTL.lu. Gitt kucken!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Goergen huet ... net d'Wuert, mee den Här Clement huet d'Wuert.

(Hilarité)

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Ech kommen zu menger konkreter Fro un den Här Bausch, wou en hei mat Schnaufen a mat scho Jäize warscheinlech eppes gesot huet: Här Bausch, wéi war Är Ausso wirklech gemengt?

► **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Ech hunn dat net gesot!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Da kënnt Der eis jo hei an der Chamber soen, datt RTL lech do falsch zitëiert huet.

► **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- RTL huet net zitëiert!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- RTL schreift ganz kloer, datt Dir dat esou gemengt hätt. Wann Dir eis do de Contraire sot, da kann ech ganz gutt domadder liewen. Ech wëll op alle Fall an engem Rechtsstaat liewen. Ech wëll net an engem Policestaat liewen. Mir wäerten eis bei dësem Projet entweeder enthalen, falls den Här Bausch dat wirklech esou sollt gesot hunn. A wann Der eis wirklech hei confirméiert, datt Der et net gesot hutt, da kënne mir dëse Projet matstëmme, well mir der Meinung sinn, datt et e wichtige Schrëtt ass, mee net dee leschte Schrëtt ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. Den Här Bausch kritt d'Wuert weinst Fait personnel.

► **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den digitalen Zäitalter erlaabt engem jo haut, fir relativ séier noliesen ze goen, wat ee wirklech gesot huet a wat och um Site vun RTL steet. An ech liesen lech emol vir, wat um Site vun RTL steet, wat ech soll gesot hunn oder wat ech och gesot hunn. Dat ass de Resümee, dat ass net den O-Toun. Am O-Toun war et awer net anescht wéi dat, wat hei steet: „Mir wëlle kee Policestaat. D'Police wäert awer observéieren an denoncéieren [...]“. Wat heescht dat? Méi steet eigentlech net do.

(Interruption par M. Marc Goergen)

Nee, Här Goergen, elo bleift Der emol sätzen an da lauschtert Der emol mir no, wéi ech lech dat elo erklären!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Bausch huet elo d'Wuert!

► **M. Sven Clement (Piraten).**- „[...] an da misst de Concernéierte beweisen, datt e kee Feeler gemaach huet [...]“.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Am Moment huet den Här Bausch d'Wuert!

► **M. François Bausch, Vice-Premier Ministre.**- Dat heescht näischt aneschtens wéi dat, wat ech och an der Sendung erkläert hunn, wou ech gesot hunn, datt, wann d'Police, wat hir nawell zimmlech oft virkënt, virum engem Bistro steet an deem um zwielf Auer zou huet, oder soll zou hunn, d'Rollueden dann erofgemaach ginn an dann d'Leit zu der hënneschter Dier weider eraginn, d'Police natierlech keng Méiglechkeet huet, fir do eranzegoen. Wann zou ass, ass zou. D'Police kann net weinst esou eppes ..., si kënnen net eng Dier opbrechen.

Wat awer d'Police ka maachen, dat ass, datt se e Protokoll dovunner mécht, datt se e Procès-verbal mécht an dat mell bei der Santé. Se seet ganz kloer: „Hei hu mir gëschter Owend beobacht, datt dee Bistro eiser Meinung no bis 12 Auer net zou war. A wannechgelift, mir wëllen dat awer hei mellen, mir konnten net eragoen, well d'Dieren zou waren an d'Rollueden erof waren.“ Genau dat heescht dat! Mir si jo hei net an engem penale Beräich! Mir sinn hei an administrative Strofen, déi geschwat ginn, sougutt wat d'Protokollen ubelaangt wéi och dat anert. An och den Entzuch, de provisoireschen Entzuch vun deenen dräi Méint vun der Autorisation, dat ass eng administrativ Strof, esou wéi et elo am Text hei festgehalen ass. Sorry!

An op alle Fall heescht dat näischt aneschtens, wéi datt d'Police, wat se normal an Honnerte Fäll mécht bei anere Saachen, natierlech de Procès-verbal mécht an dat denoncéiert gëtt, wéi se och souwisou d'Obligatioun huet, et



iwwregens ze maachen. Méi heescht dat net a méi steet och net am Text hei dran. An hei steet néierens dra geschriwwen, datt d'Leit hir Onschold misste beweisen. Dat steet net hei an deem Text!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Clement wëllt reagéieren.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Merci dem Minister, deem hei den éischten Deel zitéiert huet vum Abschnitt, awer deem zweeten Deel vergiess huet.

Et steet nämlech laut RTL geschriwwen, datt: „[...] kéint d'Police e Protokoll schreiwen an da kéint eng Enquête gemaach ginn. An da misst de Concernéierte beweisen, datt e kee Feeler gemaach huet, esou de Policeminister.“ Dat ass e Saz, ...

► **M. François Bausch**, *Vice-Premier Ministre*.- Nee!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... deem halen ech fir staarken Tubak!

► **M. François Bausch**, *Vice-Premier Ministre*.- Maja, dat kann ech lech ... Dat heescht, ...

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An duerfir hätt ech gäre vum Minister eng kloer Ausso. An Är Ausso war net kloer, datt de Minister dat esou net gesot huet, datt bei enger Enquête de Staat muss d'Schold beweisen an net de Bierger oder d'Biergerin muss beweisen, datt se onschëlleg ass.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Bausch.

► **M. François Bausch**, *Vice-Premier Ministre*.- Nee, dat hunn ech och erkläert an der Sendung. Dat heescht näischt aneschtens, wat och am Rechtsstaat normal ass. Wann e Procès-verbal géint ee gemaach ass an et gëtt een dowéinst ugesicht, huet ee selbstverständlech d'Méiglechkeet, sech ze verteidegen. Et kann een e Recours maache géint déi Diskussioun. Och wann Der 149 Euro Protokoll kritt, zum Beispill well Der de Mask net ugedoen hutt, kennt Der e Recours dergéint maachen, kennt Der soen: „Dat ass net wouer, ech hat de Mask un!“ Dir kennt e Recours dergéint maachen. Dat heescht näischt aneschtens wéi dat! An dat ass och esou, wéi ech et iwwregens an der Sendung och genau erkläert hunn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, domadder wär dat kloergestallt. Den Här Engelen huet nach eng Fro, oder?

► **M. Jeff Engelen** (*ADR*).- Ech froen nach eng Kéier d'Wuert, Parole après ministre. Ech wëll just, wat ech éinescht gesot hunn, dat ass den Originaltoun vum RTL, och wann dosteet dann: „Och wann d'Police net do erageet, d'Police kann do e Protokoll, also e Procès-verbal maachen. Da gëtt eng Enquête gemaach géint deem. An da muss deem natierlech beweisen, datt et net esou ass.“ Dat hu mir esou ofgeschriwwen vum Originaltoun.

► **M. François Bausch**, *Vice-Premier Ministre*.- Logescherweis!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Nee. „Da muss deem natierlech beweisen, datt et net esou ass.“ Dat hutt Der gesot!

► **M. Jeff Engelen** (*ADR*).- „Da muss deem natierlech beweisen [...]“, domadder ass gemengt - wéi heescht et elo? -, den Hausbesëtzer muss da beweisen, datt et net esou ass. Dat ka jo net sinn!

(*Brouhaha*)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Wuert geet zréck un den Här Bausch.

► **M. François Bausch**, *Vice-Premier Ministre*.- Här Engelen, dat ass jo och näischt Anormales. Dat ass, wann Dir e Protokoll kritt, egal wat fir e Protokoll datt et ass, an Dir sidd der Meinung, datt et net esou war, datt Der de Protokoll zu Onrecht kritt hutt, datt Der dann natierlech mussst och kënne beleeden, datt et net esou war! Dir kennt jo net einfach soen ... Wou wäre mer da soss?! Et ass jo evident, datt, wann d'Police eppes feststellt ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Déi muss beweisen!

► **M. François Bausch**, *Vice-Premier Ministre*.- Jo! Majo déi beweist, natierlech schreift se an hirem Procès-verbal jo dran ... Ech ginn lech e Beispill, ech ginn lech e konkret Beispill. D'Police ka jo an de Procès-verbal draschreien ... Souwisou geet et hei net géint en Eenzelnen, et geet géint de Bistro an deem heite Fall.

(*Interruption*)

Nee, mee ech schwätzen ... Ech hunn d'Beispill precisement ginn an der Sendung vum engem Bistro, deem um zwielef Auer net zoumécht; precisement esou hunn ech d'Beispill ginn. An dann ass et jo logesch, wann dann de Bistro net zougemaach huet an d'Police stellt dat fest, awer se kennt just net eran, datt se da muss

kënnen e Procès-verbal maachen, wou se seet: „Mir hunn awer gesinn, datt do Leit eragaange sinn an datt mir der Meinung sinn, datt dee Bistro net zou war.“ An dann ass et natierlech kloer, da gëtt dat en normaalt Verfahren, wéi dat ëmmer de Fall ass, an da mussst Der kucken, natierlech d'Police muss och beweisen, datt dat esou war. Da gëtt dat en normaalt Verfahren, mee si muss awer ..., si hëlt dat op a si denoncéiert dat. Méi hunn ech net dozou gesot. An dann ass herno jo net d'Police zoustänneg fir ze jugéieren, ob et esou war oder net, mee do gëtt et jo bekanntlech aner Instanzen.

► **Une voix**.- Très bien!

(*Interruptions*)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, domadder misst dat kloer sinn.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. Eng Fro, déi vill gestallt gëtt: Ginn dës Mesuren duer? Majo, mir si Stand haut iwwerzeegt, dass se duerginn, soss géife mer se net esou proposéieren.

Ech kann lech awer net soen, ob mer muer méi wëssen, ob mer muer eppes anescht wëssen, ob mer muer vläicht eng Erkenntnis hunn, déi eis dozou wäert féieren, dass mer soen: „Nee, si ginn net duer a mer müssen neier huelen.“ Dat ass dat, wat eng Pandemie ausmécht. Eng Pandemie ass eppes, wat mir hei esou net kannt hunn. Mir kennen dee Virus net. Mir kënnen ëmmer nëmmen dat analyséieren, wat mer un Informationen hunn, an a Fonctioun dovunner, an dat méiglechst esou kuerzfristeg wéi méiglech, Decisiounen huelen, well d'Situatioun evoluéiert ganz schnell.

Mir hunn et gesinn, bannent kierzester Zäit sinn d'Infektiounen eropgaangen. Domat hat keen an deem Mooss gerecht. An et war mer och wichtig, dass mer ofgewart hunn, e Minimum un Zäit, fir ze gesinn, wéi eng Tendenz dat war. Zu engem gewëssenen Zäitpunkt ass drop spekuléiert ginn, datt et exponentiell géif eropgoen, dat heescht, et géif sech ëmmer verduebelen. Dat ass eng Angscht, déi mer haten, och mir an der Santé! Da muss ee sech déi Gedold huelen, déi et brauch, fir einfach e puer Deeg ofzewarten fir ze gesinn: Ass dat elo eng reell exponentiell Tendenz oder gesi mer eng gewësse Stabilisatioun?

An dofir hu mer och effektiv ganz kuerzfristeg hei gehandelt, well mer deem neie Phenomeen, dee mer haten, awer e Minimum hu missen observéieren, fir en ze verstoen, fir ze gesinn, wéi seng Evolutioun ass. Et kann een net bei engem Üstig vun engem Dag op deem anereren direkt soen: „Elo si mer an engem exponentiellen Zenario.“ A Gott sei Dank si mer et jo net!

Ech wëll net berouegend sinn, wat d'Situatioun betrëfft, mee si ass net esou ausgeuefert, wéi mer dat ee Moment alleguerten zesumme gefaart hunn. Mir sinn am Moment ..., iergendwou hu mer e bëssen eng Stabilisatioun dran. Et ass nach net erëm erof. Wann een dat bis gesäit, muss ee sech och nees eng Kéier e bësselche Gedold gënne fir ze kucken, ob et wierklech erofgeet, ob dat net och eng Momentopnam ass.

Mee am Moment si mer iergendwou stabiliséiert, an dat ass dat, wat eis och d'Zouversicht ginn huet, fir Schrëtt fir Schrëtt och elo net ze vill e grouse Schratt nees ze huelen, mee wierklech d'Verhältnisméissegkeet walten ze loosse an déi Mesuren ze proposéieren, déi mer denken, déi dës Situation, wéi se haut ass, gerecht ginn.

Mee mir wëssen, an dat ka keen ausschleissen, dass et an eng aner Richtung nach wäert goen! An da wäerte mer eis alleguerte musse ganz schnell erëmgessinn an et wäert erëm musse séier goen, well mer och dann erëm müssen déi nei Evolutioun evaluéieren, och do nees e bësselchen ofwaarde fir ze kucken: A wéi eng Richtung geet dat? A mir kënnen eis net erlaben ... Ech mengen, Dir wësst, wa mir nei Mesuren huelen, déi hunn e ganz groussen Impakt souwuel op d'Fräiheete vun de Leit wéi gegebenefalls op eis Wirtschaft! Ech mengen, et muss ee scho sécher sinn, dass een och do net ze schnell nees iwwert d'Sträng schléit.

Dat heescht, dat ass eng Reegel, déi mer eis ginn, fir einfach eebe Gedold ze weisen, net a Panik ze verfalen, wann eppes ufänkt mat bougéieren; et och net op där anerer Säit ze vill à la légère ze huelen. Et ass keen einfachen Exercice an e wäert och net méi einfach ginn iwwert déi nächst Wochen, fäerten ech ganz.

Da gëtt och ëmmer erëm gefrot: Wou ass da genau d'Limitt? Ab wéini gëtt et geféierlech? Ech géif lech jo gären eng Limitt ginn, ech sinn awer net iwwerzeegt, dass dat déi richtig Antwort wär. Et ass vill méi nuancéiert wéi esou. Et mag einfach schéngen, wann ee seet, ab esou vill Neiinfektiounen, dann ass et problematesch.

Mir ginn eis awer ganz vill Moyenen, fir kënne méi nuancéiert ze reagéieren. Eng nammlecht Zuel un Neiinfektiounen huet net onbedéngt déi selwecht Konsequenzen. Dat hu mer elo scho kënne gesinn hei am Land. Mir gesinn, dass mer am Moment trotz Neiinfektiounen zum Beispill net automatesch och en Ustig an eise Spideeler gesinn. Dat hätt kënne sinn, ass awer esou net agetrueden. Dat ass eng Erkenntnis, déi mer elo hunn.

Dat heescht, mir gesinn, dass d'Altersstruktur zum Beispill vun den Neiinfizierten e groussen Impakt huet; dovunner kënne mer mol ausgoen, well mir gesinn, dass d'Populatioun vun den Neiinfizierten an och vun deene Leit, déi a Quarantän sinn, weesentlech méi jonk ass, wéi mer dat am März gesinn hunn. Da gesi mer parallel effektiv, dat schéngt iergendwou sech erëmzespigelen op deem Plang, wou et fir eis eebe justement wichtig ass, et am A ze hunn, well letztendlech: Déi ganz Mesur si jo u sech just geduecht, fir de Virus esou lues wéi méiglech an der Verbreedung ze halen, fir dass mer net an eng Situatioun kommen, wou mer an der Iwwerfuhrung wären.

An d'Zäit, fir dat eebe kënne feststellen an a Rou ze analyséieren, och wa Rou e Wonschwuert ass am Moment, déi Zäit, déi minimal Zäit muss ee sech ginn. An dat bréngt mat sech, dass mer musse schnell handeln, an der Urgence handeln an deementspriedend och onperfekt handeln.

An der Urgence schafft een net an der Perfektioun. Dat ass néierens esou. Dat ass weeder am Handwierk esou, nach an der Juristerei, nach iergendwou. Dat ass leider nun eeben emol de Propre vun där Situatioun, an där mer alleguerten zesumme sinn. A mir hunn alleguerten Interêt, wa mer op Problemer stousse, eis Käpp esou schnell wéi méiglech zesummenzestiechen, fir Léisungen ze fannen, an da fanne mer der och normalerweis.

Wat hu mer elo festgestallt, wa mer eis Zuele gesinn? Ma éischstens emol gesi mer, dass mer trotz enger grousser Variatioun um Niveau vun den Neiinfektiounen et an eise Servicer Stand haut nach ëmmer hikréien, dat maîtriséiert ze hunn. Mir kréien nach ëmmer den Tracing gemaach. Dat wosste mer och net. Dat ass fir eis eng nei Erausforderung. Et weess een net, wéi dat sech apendelt.

Am Moment si mer an eng Situation - an ech hätt och net onbedéngt un déi gegleeft vläicht virun zéng Deeg -, dass mer dat awer trotzdem esou schnell hikréien, fir nawell den Tracing ze assuréieren. Mir konnte ganz schnell Ressourcé mobiliséieren, déi do un d'Front gaange sinn.

Dat ass also eng wichtig Informatioun, déi mer bei eis och hunn, och ee ganz wichtigen Indicateur. Wa mir an eiser Aarbecht am Alldag gesinn, am Kontakt mat deene Leit, déi infizéiert sinn, dass mer an eng Richtung ginn, wou mer et net méi kënnen agedämmt kréien, ma dann ass dat ee Moment fir eis, fir Alarm ze schloen, fir ze soen: Elo musse mer oppassen, elo kréie mer et net méi agedämmt. Elo komme mer an eng nächst Phas, wou et eventuell méi geféierlech gëtt.

Mee dat kënne mer nëmmen au jour le jour appreciéieren, eeben en fonction vun deem, wat d'Leit, déi um Terrain aktiv sinn, eis rapportéieren: Hu se et am Grëff? Hu se et net méi am Grëff? Et ass eng Navigation à vue, ob et gefält oder net. Ech gesi keen anert Wonnermëttel, wéi mer do derduerch kéinte kommen am Moment.

Dann hu mer och gesinn, dass d'Modellisatiounen, déi mer kucke vun ... Mir kucke jo ganz genau, wat eis Fuerschung eis och ubitt un Erkenntnisser, déi si hunn, wësend - dat ass schonn e puermol ënnerstrach ginn -, d'Vue vun der Fuerschung ass net d'Vue vun der Regierung. Si maachen hir Aarbecht onofhängeg. Mir huele Kenntnis dovunner an dat ass eent vu villen Elementer, wat mer natierlech müssen a Consideratioun huelen, fir dann awer trotz allem politesch Decisiounen ze huelen.

Ech mengen, mir hunn Informatiounen vun eise Servicer. Mir hu Projektiounen vun der Fuerschung. Dat sinn interessant Elementer. Mee dat ass net eent zu eent eng Konklusioun vun der Regierung.

Dann ass et och wichtig ze gesinn, dass, grad wann een déi Modellisatiounen genau kuckt, dass se ..., ech mengen, wann ech eppes géif resuméieren, well si weisen eis, dass et ganz schwéier ass, genau anzuschätzen, wat geschitt. Déi Forschett, déi se opweisen tëschen engem optimisteschen Zenario an engem pessimisteschen Zenario, déi ass ëmmer immens grouss, och vun Ufank u gewiescht.

An och do hu mer fir eis d'Erkenntnis, dass mer et zu Lëtzebuerg hikritt hunn, ganz laang op där positiver, op deem optimisteschen Zenario ze bleiwen, jo souger drënner ze bleiwen. Dat heescht, eis Mesuren, déi mer en place gesat hunn, déi Aart a Weis, wéi mer eis alleguerte

verhalen hunn an der Gesellschaft, déi hunn dozou geféiert, dass mer wierklech op enger optimistescher Schinn konnte fueren. An dat deet eis natierlech och gleewen, dass mer dat och nach eng Kéier hikréien. Wa mer dat am Ufank vun der Kris hikritt hunn, ganz vill Disziplin opzebréngen an net an de pessimisteschen Zenario ze falen, da si mer zouversichtlech, datt dat och elo nach eng Kéier gelénge kann, wa mer wierklech déi néideg Mesuren huelen, déi mer eeben och elo proposéiert hunn.

Wat hu mer nach gesinn? Et gëtt vill vu Clustere geschwat. Ech si ganz frou, dass dat och ganz korrekt hei ervirgehuewe ginn ass. Wat ass e Cluster? Dat ass eng quantitativ Indication. Ech hat mer gëschter vill Méi ginn, fir dat ze erklären. Ech hu gesinn, dat ass och deels ganz gutt opgegraff ginn.

Dat wëllt just soen, dass eeben op enger selwechter Plaz méi wéi dräi Infizierter sinn, an dat iwwer en Zäitraum vu siwen Deeg. Dat seet absolutt näischt aus driwwer, wou déi Leit sech infizéieren - dat huet den Här Wiseler ganz korrekt ënnerstrach. Dat sinn zwou verschidde Saachen!

Dat eent ass: Wou sinn déi Leit? Dat heescht, déi orte och geografesch a quantitativ.

An da gesi mer, dass dat och ganz weíneeg Clustere sinn, wat och iergendwou berouegend ass. Ech hat se gëschter enoncéiert. Mir hunn der insgesamt, wann een déi dote Reegel hëlt, Stand haut nach eng 33 mat ganz klengen Zuelen. Also, ab dräi schwätzt ee vun esou eppes. An dat kann dann natierlech ..., ech mengen, Dir héiert Beispiller aus dem Ausland vu ganz grouse Clustere vun honnerte Leit oder dau-sende Leit. Bei eis sinn dat ganz, ganz kleng Saachen, déi nach bleiwen. Dat ass de Maximum. Dat ass bei engem, wou nach 16 Leit op enger Plaz concernéiert sinn. Dat heescht, dat ass näischt, wou ee sech elo muss virstellen, dass dat Plaze sinn, wou ee sech op där Plaz infizéiert. Et ass genau net dat!

Déi Informatioun, déi jiddwereen interesséiert, och eis als Santé an och lech alleguerten, dat ass: Wou infizéiere sech d'Leit? An dat ass déi Informatioun, déi mer Stand haut mat enger gewësser Reegelméissegkeet eebe mëndlech iwwermëttelen nach, un d'Press, un d'Chamber, a wou mer drop schaffen. Dat wäerte mer an deenen nächste Wochen op alle Fall stoen hunn, fir dat och éischter statistesch ze evaluéieren. Dat ass net esou einfach.

Dat ass, ech hat dat schonn erkläert ..., dat si jo Informatiounen, déi mer fir d'éischt emol musse entgéinhuelen iwwer Telefonater, wou am Moment eebe ganz vill Aktivitéit ass a wou een dann eeben déi Informatioun muss verschaffen, kategoriséieren. Dat kann een ëmmer nëmmen im Nachhinein maachen. Also, fir d'éischt muss geschafft ginn um Terrain. Da kënne mer dat entgéinhuelen.

Am Moment maachen ech dat, wat mer an eisem reegelméissegem Austausch hunn, och mat der Press, wou ech lech einfach de Feedback gi vun de Leit um Terrain. Mir hunn d'Chance hei zu Lëtzebuerg, dass dat relativ einfach ass, well mer ee Service hunn, deem dat mécht. Do kann een dat zimmlech einfach an engem Gespräch erfaasse mat de Leit. Dat wäert och nach besser opbereet ginn. Mee dat ass et och, wat mer eebe gesinn a wat mer och mat op de Wee huelen, fir Mesuren ze proposéieren.

A wat gesi mer do? Ma nach wie vor dat selwecht. Déi grouss Majoritéit vun de Fäll weist eis, dass d'Leit sech net onbedéngt am Kontext vun hirer Aarbecht ustiechen oder an der Schoul oder esou, mee dass et wierklech den Netrespekt vun de Geste-barriären ass. Mir gesi ganz einfach, dass de Message vun de Gestes barriären nach net esou richtig iwwerall ukomm ass an dass dat d'Ursaach ass, firwat dass d'Leit sech ustiechen, am ganz banale Kontext doheem, bei kleng Fester, beim Zesummekomme mat Frënn, och mat Aarbechtskolleegen.

Dat ass nach wie vor dat, wat mer eeben am meeschten entgéinhuelen, an et ass och dofir, wou mer als éischt Prioritéit bei deene Mesuren, déi mer elo proposéiert hunn als Regierung, op d'Sensibilisatioun setzen, fir déi elo wierklech verstärkt ulafen ze loosse, och vill méi differenziéiert ulafen ze loosse. Dëst an der Iwwerzeugung, dass, wa mer besser sensibiliséieren, mer dann eebe kënnen dorobber e Resultat erzielen an och wierklech dann eeben derzou bäidroen, dass wierklech jiddwereen an der Gesellschaft versteet, wourobber e muss oppassen, egal wou en ass, ob en doheem ënnerwee ass, ob en am Ausland, an der Vakanz, op senger Aarbecht ass; dass en einfach versteet, wat zielt.



Déi Geste-barriären, déi proposéiert ginn, déi dräi Sette vu Mesurë sinn an deem Sënn näischt anescht wéi eng Pigûre de rappel vun eppes, wat vun Ufank un ëmmer erëm gesot gëtt an dëser Pandemie: Oppassen, dass een op Distanz bleift, dass een de Virus net onge-wollt weidergëtt. Dat heescht, d'Distanzreegel respektéieren. A wann dat net kann agehale ginn, eeben de Mask als Reflex huelen. Dat ass dat, wat mer de Leit empfeelen. An et ass och dat, wou mer elo musse kucken, dass dat wirklech à grande échelle bei jiddwerengem wäert ukommen.

Schrëtt fir Schrëtt huele mer Mesuren effektiv. Mir sinn der Meinung, dass hei d'Verhältnis-méissegkeet net méi verlaangt à ce stade, well mer eebe keng aner Opfällgkeete festgestallt hunn. A mir handelen nom Prinzip, deen och hei schonn e puermol erwäant ginn ass: Wann, dann, wann mer eppes anescht wäerte gesinn, wann aner Erkenntnisser do sinn, da musse mer aner Mesuren huelen. Mee Stand haut si mer iwwerzeegt, dass dat dote wäert kënne duergoen.

(Interruption)

Mir wäerten dat op alle Fall probéieren, ier mer elo nach méi drastesch Mesurë proposéieren, well, wéi gesot, all Zousazmesure, déi een hei hält, déi huet Konsequenzen, déi wäert Aschnëtter maachen an d'Privatliwen, déi riskéiert, Konsequenzen ze kréien op eis Wirtschaft, soudass ee sech dat och wirklech muss ganz gutt iwwerleeën an och do oppassen, dass een net an der Panik vun Zuelen, déi elo erop-gaange sinn, vun engem Kontext an Europa ronderëm eis, vu Konsequenzen am Ausland, déi net ganz gönschteg sinn, dass ee sech do ze vill dreiwle léisst an dann effektiv Mesuren hält, déi vläicht awer e bësse méi wäit gi wéi dat, wat ee bräicht, fir et elo nees zrëckzefueren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - D'Moyenen, déi mer eis ginn hunn, déi zilen natierlech och drop hin, dass een déi Leit, déi sech net un d'Geste-barriären halen, dass een déi kann zur Rechenschaft eeben zéien, dass een och ka Sanktiounen huelen. Och do muss ech soen, hu mer am Ufank net vill Fäll gehat, wou mer héieren hunn, dass d'Leit sech wirklech net u Mesures de quarantaine oder u Mesures d'isolement géifen halen. Dat ass eppes, wat elo méifach opgetrueden ass.

An dofir hu mer dat och gefuerdert, dass een do wirklech och kann e Protokoll ginn. Genau wéi dat elo schonn de Fall ass, wann den Einzelne sech an engem Restaurant oder an engem Café wirklech net un déi Reegele vun der Maske-flucht oder vun der Sëtzpflicht hält, dass och deen Einzelne wirklech kann e Protokoll kréien. Et ass net fair, do just den Exploitant ze strofen. Deen huet natierlech fir Uerdnung a sengem Be-trib ze surgen, deen Agencement esou ze maache mat den Dëscher, dass dat ka fonctionéieren. E soll och net zerwéieren u Leit, wou en of-fensichtlech gesäit, dass se keng Sëtzplaz hunn.

Mee och den Einzelne soll seng Responsabilitéit hunn a sengem Verhalen a grad eeben do, wou et wirklech gëllt ze agéieren, nämlech sech ze isoléieren, wann een Träger vun deem Virus ass respektiv potenziellen Träger doduerch, dass een a Kontakt war mat enger infizierter Persoun. Dat ass extrem wichtig, wa mer an där Phas, wou mer elo sinn, wou mer esou vill Normalitéit an eiem Liewen eebe wëllen oprechterhale wéi nëmme méiglech, do ass et extrem wichtig, dass dës Reegelen och éischters verstane ginn.

Och do ass Sensibilisation gefuerdert. An där maache mer ganz vill iwwer eisen Telefonsser-vice am Tracing, wou een och ëmmer erëm eng gutt Geleeënheet huet, de Leit dann en direct nach eng kéier Sënn an Zweck vun deene Me-suren ze erklären. Mee wa se net agehale ginn, ass et och wichtig vun der Symbolik, dass een dat och kann aanden an eeben e Protokoll ginn.

D'Fro ass gestallt ginn: Wéi héich sinn déi Amendemen am Moment? Ech hat dat beim François Bausch och elo nach eng kéier noge-frot. D'Richtlinn ass am Moment 145 Euro, fir do eng gewëssen Uniformitéit dran ze hunn. Mir maache keng Exceptionen zu der generel-ler Rechtsstaatlechkeet. Et ass elo vill doriwwer geschwat ginn. Ech si ganz zouversichtlech -duerfir huet een an enger Demokratie en drëtte Pouvoir -, dass, wa Leit hire Rechtsschutz gel-tend maachen, dat no de ganz normale Ree-gele vu Beweislaascht a wat och ëmmer ofleef. Do hunn ech absolutt Vertrauen an eis Justiz, dass dat korrekt a propper no eise gesetzleche Prinzippien a rechtsstaatleche Prinzippie wäert oflafen.

Voilà! Dat ass et vu menger Säit. Ech sinn op alle Fall frou, wa mer dat Gesetz hei hunn. Et

wäert eis wichteg sinn, déi dote Mesurë kënne ze applizéieren. An ech wënsche mer genauou wéi Dir alleguerten, dass, wa mer eis erëmgessinn, et d'autant plus eng kéier wäert si fir nei Oplockerungen, awer net an déi aner Richtung. Mee dat kënne mer haut net wëssen. Ech mengen, mir wieren alleguerte frou, wa mer do eng Glaskugel hätten, mee déi hu mer net.

Ech géif lech Merci soen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci vill-mools der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert. Parole après ministre fir d'Ma-damm Martine Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, merci, Här President. Ech hunn nach ëmmer net ge-sinn, ob fir meng Question urgente d'Urgence unerkannt ginn ass oder net. Do kann den Här President mer vläicht nach äntweren. Also, ech hat elo am Portail gekuckt, ech hunn näischt gesi gehat.

Dann hunn ech awer direkt zwou Froen, onof-hängeg vun där Fro, un d'Madamm Minister. Dat Éent ass, ech hunn am „Spiegel“ een Artikel gelies vun Rudi Balling, wat jo awer e renom-méierte Wëssenschaftler ass, deen och Member vun der Covid-Taskforce ass. Dee seet hei kloer, hie wier een absolute Befürworter vun der Coronaapp. Do ass meng Fro: Huet d'Covid-Taskforce lech och esou eng Recommandatioun ginn? Oder huet se lech keng Recommandatioun ginn?

Dann, dat anert ass, hien huet an engem Inter-view mam „Tageblatt“, wou et iwwert d'Zuele vun de Schoule geet, gesot, datt en u sech mat déi Zuelen och erhuwen huet an datt hien awer leider net bei der Auswärtung vun deenen Date mat derbäi wär. An ech huele jo emol un, wann déi Daten ausgewäert sinn, da wäert den Här Meisch jo awer iergendwann eng kéier eng Instruktioun un d'Schoule ginn. Wien ass dann do bei der Auswärtung derbäi? Ass do iwwerhaupt kee vun der Taskforce derbäi?

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci vill-mools der Madamm Hansen. Ech wëll soen, datt déi Question parlementaire, vun där d'Ma-damm Hansen schwätzt, datt ech déi als rece-vabel erkläert hunn, mee datt ech d'Urgence net erkannt hunn, well et lauter Punkte sinn, déi de Moment nach net ëmgësat ginn.

Hei handelt et sech ëm Punkten, déi d'Rentrée scolaire vun Hierscht betreffen, soudatt u sech dann opgrond vun den Decisiounen, déi sech aus där doter Question parlementaire erginn, kengem eppes passéiert, datt kee Schued do-vunner wäert hunn an datt et eeben einfach net elo un der Plenië ass, fir do d'Urgence hei innerhalb der Plenië ze diskutéieren oder net ze diskutéieren.

D'Madamm Hansen wëllt direkt dorobber rea-géieren.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo. Ech wëll just soen, datt d'Organisation vun der Schoulentrée elo organiséiert gëtt an datt ech mech och informéiert hunn an de Lycéeën. An déi hu gesot, datt se weeder Informatiounen hunn, datt se sollen d'Schoul esou organiséiere wéi ëmmer, nach hu se Informatiounen, ob se sollen e Plang B maachen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Mir hunn de ganze Mëtteg hei gesot gehat, datt dat, wat haut richtig ass, mar scho ganz anescht ka sinn, ...

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - ... ge-schweig vun iwwermer.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mee de Contingent ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Rentrée scolaire ass de September.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Et ass gutt. Erkläert de Schoulen dat!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Da géif ech d'Wuert weidergi fir déi aner Froen un d'Ma-damm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Jo. D'Fuerschung ass d'Fuerschung. Déi Leit si keng Beamte vun der Santé. Asoufern huelen ech Kenntnis vun deem, wat d'Fuer-schung produzéiert, mat ganz grousem Inte-resse. Se hu ganz vill scho geschriwwen.

Si recommandéieren eis och näischt. Mir huelen hir Fuerschungsergebnisser natierlech zur Kennt-nis, wéi mer och auslännesch Fuerschungseresul-tater analyséieren. Mir hunn net Recommandatioune spezifesch elo kritt vun enger Fuer-schungstaskforce.

Déi aner Fro war ...? Et deet mer leed, ech war elo e bëssen duerjerneekomme duerch Är Ques-tion urgente.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Madamm Hansen kéint vläicht déi lescht Fro preziséieren.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, dat war nach eng kéier d'Fro, datt u sech Fäll, déi an de Schoule sinn, solle jo ausgewäert ginn. An do huet de Rudi Balling u sech gesot gehat, ...

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - A jo!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... datt en derbäi gewiescht wär, fir déi Daten ze erfaas-sen, mee si wäeren awer u sech exclu vun der Auswärtung.

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Jo, selbstverständlech. Mir hu mat der Fuerschung ..., d'Regierung ass net d'Fuer-schung. Mir maachen eis Auswärtung vun eisen Donnéeën natierlech intern.

Do hu jo och ganz wéineg Leit Zougrëff drop an da gi se pseudonymiséiert respektiv anony-miséiert. An esou enger Form gi se och der Fuerschung dann zur Verfügung gestallt, fir dass si an aller Fräiheet dat kënne appreciéieren. Mee bei eis sëtzt elo net d'Fuerschung mat um Dësch, fir eis Donnéeën auszewäerten; ganz kloer net.

Dat maachen eis Fachleit aus der Direction de la santé an déi wäerten natierlech déi Daten auswäerten iwwert de Summer an au fur et à mesure, mee net zesumme mat externen Acteuren, déi eng aner Roll hunn.

Ech mengen, d'Fuerschung ass d'Fuerschung, an dat ass onofhängeg. Dat ass jo och schonn e puermol hei ënnerstrach ginn. Dat ass jo och Sënn an Zweck vun enger Fuerschungszeen, déi een huet, dass se op eng onofhängeg Aart a Weis Stellung huelen.

Dat ass interessant fir eis. Dat ass e wichtige Bestanddeel vun deenen Elementer, op déi mer eis fousse. Mee d'Fuerschung ass net de Conseiller vun der Politik.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci vill-mools, Madamm Ministesch, fir déi zousätzlech Äntwerten. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7634. Den Text steet am Do-cument parlementaire 7634⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7634 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséin-lech Stëmmen.

(Interruptions et hilarité)

Ech maachen de Vote électronique elo zou. Da musse mer dat doten nach eng kéier genau kucken.

Wien dann awer e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dësse Projet de loi bei 31 Jo-Stëmmen, ...

► **Plusieurs voix.** - Nee!

(Concertation interne et interruptions)

Maja: 33 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 21 Abstentionen.

► **Plusieurs voix.** - Nee!

► **Une voix.** - 23.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - 23 Abstentionen.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7634 est adopté par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank,

Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Et war e bëssen Duercherneen!

(Hilarité)

Dat awer bei deene Fraktiounen, déi éischter op dëser Säit (ndlr: op dem President senger rietser Säit) sëtzen. Doduerch huet de System ...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Jo, emol eng kéier!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Jo, Här President, et ass bal eestëmmeg!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Bal eestë-meg, mengt de Rapporteur, mee et war awer net esou.

Motions

Da kéime mer elo zur Diskussioun respektiv zum Ofstëmmen vun de Motiounen. Wëllt nach ee Stellung huelen zu de Motiounen? Den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo. Merci, Här President, fir d'Wuert. Zwou Motiounen huet d'CSV eraginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannech-gelift!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Zwou Mo-tiounen huet d'CSV eraginn. Déi éischt Mo-tioun, do geet et drëms, dass déi Donnéeën alle-guer zur Verfügung gestallt ginn. Jo, d'Minis-tesch huet mer nach eng kéier ganz kloer gesot, dass dorunner geschafft gëtt, fir datt dat och informatesch méi séier ka gemaach ginn. Am Moment ass dat éischter en analoge Prozess, wann een dat kann esou soen.

Déi Donnéeën, déi ginn zur Verfügung gestallt, och haut schonn. Mee si wëllen, datt dat soll informatesch gemaach ginn, datt dat méi in-formatesch soll nach verbessert ginn.

Duerfir kéint een déi éischt Motioun - och mat dem Accord vun der Ministesch - unhuelen.

Déi zweet Motioun, do geet et ëm d'Tracing-app. Bon, do ass genuch gesot ginn an déi géife mer refuséieren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Kënne mer zur Ofstëmmung vun deenen zwou Motiounen kommen?

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Kënne mer do à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wie mat där Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass d'Motioun Nummer 1 eestëmmeg ugeholl.

► **Plusieurs voix.** - Nee!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - O, pardon! Domat ass dës Motioun bei zwou Enthaltungen ugeholl.

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Ass nach een, deen eng Wuertmeldung zu där huet? Do ginn ech dann dervun aus, datt de Vote électronique gefrot ass.

(Interruptions)

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Ech wollt zur Motioun 2 soen ...

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Engelen huet d'Wuert. Wannechgelift, e bësse méi roueg!

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Ech wollt zur Motioun 2 soen, datt mer déi, well dat jo op Basis geet vun enger Tracingapp, datt mer déi net kënne matdroen, well mir do eis Bedenken hunn. Well mir soen einfach: „Wehret den Anfängen!“

Well wann dat do bis ugeet, da weess een net, wou et ophält. An duerfir hu mer do eis Beden-ken a mir wäerten do mat Nee stëmmen.

Ech soen lech Merci.



Vote sur la motion 2

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D’Of-stëmme fänkt un. Fir d’éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Ech maachen de Vote électronique zou. Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d’Hand an d’Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 21 Jo-Stëmmen an 39 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Marc Lies), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Chantal Gary), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

3. 7513 - Projet de loi portant modification de la loi du 5 juillet 2016 autorisant le Gouvernement à participer au programme multinational « Multi-Role Tanker Transport » (MRTT)

Den zweete Punkt vun haut ass de Projet de loi 7513 iwwert de „Multi-Role Tanker Transport“-Programm. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d’Wuert un d’Rapportrice vun dësem Projet de loi ginn, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

► **Mme Stéphanie Empain** (déi gréng), *rapportrice*.- Ech soen Iech Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ...

(Interruption)

Wat? Ma ech géif Iech haut gären de Projet de loi 7513 virstellen, an deem et ëm eng Erhéijung vun enger Loi d’autorisation am Kader vun eiser Bedeelegung um multinationalen MRTT-Programm geet.

Fir unzefänken, misst een emol erklären, wat en MRTT ass. Et handelt sech hei ëm en Airbus A330 „Multi-Role Tanker Transport“-Fliger. Dat ass e Fliger vun 58,8 Meter Längt, deen eebe „multi-role“ ass. Hie ka souwuel Ravitaillement en vol maache wéi och Persounentransport, medezinnesch Evakuatioun oder Cargo bis zu 45 Tonnen assuréieren.

Dëse Projet ass net nei. Effektiv hu mir 2016 schonn e Gesetz gestëmmt, dat et eis erlaabt, fir zesumme mat Holland eis un engem multilaterale Programm „Multi-Role Tanker Transport“ ze bedeelegen. An zënterhier hu sech des Weidere nach Däitschland, Norwegen, d’Belsch an Tschechien um Programm bedeelegt.

Wéi fonctionéiert dee Programm? Et geet drëm, iwwer eng Lafzäit vun 30 Joer eng gemeinsam Aircapacitéit unzeschaffen an ze bedreiwen, déi eebe „multi-role“ ass. Si kann, wéi gesot, souwuel de Ravitaillement en vol maachen, een transportéieren oder strateegesch zur medezinnescher Evakuatioun agesat ginn.

Aktuell ëmfasst de Programm aacht Fligere, an deen éischte vun hinne soll dëse Summer schonn ausgeliehwert ginn. Ee Fliger, dat bedeit ronn 1.100 Fluchstonne pro Joer, an dozou muss ee soen, dass de Programm am Géigesaz zu anere Programmer gutt leeft, dat souwuel um Niveau vun den Delaien, déi sech gesat gi waren, wéi och um Niveau vun der Enveloppe budgétaire.

D’NATO ass um Pabeier Proprietär, mee de Commandement läit awer bei de Memberstaaten. D’Acquisitioun vun de Fligere gëtt vun der NSPA (ndlr: NATO Support and Procurement

Agency) assuréiert an d’Fligere ginn an Holland immatrikuléiert. D’Fligere sinn och op zwou Base stationéiert, nämlech zu Eindhoven an zu Köln. Si ënnerstinn dem Commandement vum EATC, dat ass den European Air Transport Command, an d’Memberstaate vum Programm hunn, gemooss un hirer finanzieller Kontributioun um Programm, da Fluchstonnen zegutt.

De Programm gesäit och vir, dass d’Memberlänner proportional zu hirer Kontributioun musse Personal zur Verfügung stellen. Aktuell ass d’Kontributioun vu Lëtzebuerg op 172 Milliounen hors TVA op 30 Joer plafonéiert. Dat mécht ongeféier 2 % vum Budget vum Programm aus. Mat där Kontributioun hu mir aktuell Urecht op 200 Fluchstonne pro Joer, wat an der Theorie bedeit, dass Lëtzebuerg misst aacht Persounen, also aacht Persoune Personal, zur Verfügung stellen.

Elo muss een awer heizou soen, dass Lëtzebuerg zum jëtzege Zäitpunkt net an der Lag wier, dëst Personal zur Verfügung ze stellen. Mee heirobber géif ech herno nach eng Kéier kuerz agoen. Dat wiere Leit, souwuel Pilote wéi och fir d’Maintenance, déi zu Eindhove stationéiert wieren.

Wichtig ze soen ass, dass mer eis de facto heimaddeer kee Fliger kafen, mee mir hunn eis akaaft an e Pooling-and-Sharing-Programm, un deem e puer Länner deelhuele an am Kader vun deem eebe e gemeinsame Pool vu Maschinne geréiert gëtt.

Wéi gesot, leeft de Programm also elo schonn, a baséierend op de gudden Erfarunge vun dësem Projet bis elo gëtt proposéiert, eis Kontributioun heizou substanzéiell ze erhéijen. Vun den ursprénglech 172 Milliounen Participatioun gëtt elo eng Participatioun an Héicht vu 598,4 Milliounen uviséiert. Dat géif an der Logik vum Programm bedeiten, dass mir par rapport zur Héicht vun eiser finanzieller Kontributioun elo net méi 8, mee 45 Persoune missten zur Verfügung stellen. Vu dass mir dat an Terme vu Personal net esou stemme kënnen, huet Lëtzebuerg sech hei interessant Modalitéiten ausgehandelt.

Duerch dës Erhéijung hätt Lëtzebuerg amplaz vun den aktuellen 200 elo 1.200 Fluchstonnen zegutt, wat 12 % vum Programm entsprécht. Een Drëttel vun deene Stonne stelle mir dann d’office den anere Memberstaaten zur Verfügung. Als Géigeleschtung heifir muss Lëtzebuerg dann och elo keng vun deene 45 Persounen zur Verfügung stellen. Déi Léisung ass fir eis also ganz interessant.

Um Niveau vum Planning ass no dësem Vott virgesinn, den MoU an de modifizéierte Kontrakt ze ënnerschréien an d’Fligere sollen ausgeliehwert ginn am Zäitraum tëscht dem zweeten Drëttel vun dësem Joer an Enn 2024.

Ech géif ganz gär nach eng Kéier drop zrëckkommen, wat déi verschidde Grënn waren, hei eng Erhéijung vun eiser Participatioun unzestriewen. En éischt Element hunn ech jo scho genannt. Et handelt sech hei och ëm eng Win-win-Situatioun. Wéi gesot, misste mir op Basis vun eise aktuellen Engagement aacht Persounen zur Verfügung stellen; aacht Persounen, déi mir awer net hunn. An doduerch, dass mir elo eis Kontributioun erhéijen a Fluchstonnen zur Verfügung stellen, musse mir am Endeffekt guer kee Personal zur Verfügung stellen. Dat eleng ass natierlech net Grond genuch, déi ugestriefte Erhéijung unzestéieren.

Mee eis ugestriefte Kontributioun erlaabt et, vun elo aacht op herno néng Fligere am Pool eropzegoen. A mir hunn hei eng Opportunitéit gesinn, fir eng sënnavoll Kontributioun ze maachen, an dat justement an engem Projet, vun deem mir eebe wëssen, dass en am Géigesaz zu anere Projeten no Plang ofleefft a bei deem et keng Problemer oder Retarde gëtt.

Et ass e Programm, deen op kloer identifizéiert Besoine souwuel vun der NATO wéi och vun der EU äntwert. An dozou muss ee wëssen, dass och elo mam Depart vu Groussbritannien aus der EU effektiv och e Manque un esou Fligere besteet, well Groussbritannien eleng verfüügt iwwer eng gréisser Flott vun esou Fligere, nämlech 14 Stéck. Et geet a gewësser Hisiicht also och ëm déi strateegesch Autonomie vun der EU.

Et handelt sech heimaddeer also ëm eng sënnavoll a visibel Kontributioun un engem multinationale Programm, deen also strateegesch Besoine souwuel bei der NATO wéi bei der EU ofdecke kann. An et handelt sech virun allem ëm eng Kontributioun à double usage, dat heescht, se erlaabt et, souwuel militäresch wéi awer och zivill Besoinen ofzedecken. Esou si Synergie mat anere Ministère oder Administratiounen, beispillsweis aus der Santé oder der Kooperatioun, méiglech.

Als Beispill, wat mir och an der Kommissioun genannt kritt hunn a wat eebe grad aktuell ass, ass den Asaz vun esou engem Fliger während der Covidkris, well dës Fligere et eeben, wéi gesot, erlaben, Rapatriementer virzehuelen

oder medezinnesch Evakuatiounen ze assuréieren.

Duerch déi Fluchstonnen, op déi Lëtzebuerg hei Accès huet, kënnen mir och Kooperatiounen mat Partner agoen, a mir kënnen duerch den Echange vun MRTT-Fluchstonnen och Accès op Fluchstonne vun anere Fligere kréien.

An da geet et natierlech och ëm eisen Effort de défense, dee mer heiduerch géifen an noer a méttlerer Zukunft stabill halen. Et ass eng visibel an utile Kontributioun, déi sech an d’Erhéijung vum Effort de défense aschreift, an dëst an engem Programm, deen eng Plus-value ass an dee keng supplementär Personalefforte verlaangt. Deels duerch dëse Programm klëmmt eisen Effort de défense vun aktuell 0,6 % vum PIB op duerno 0,72 % vum PIB bis zum Joer 2023.

Well jo, mir mussen natierlech och méi laangfristeg plangen. Lëtzebuerg ass scho Schlusslicht an der NATO, wat den Effort de défense ubelaangt. A wa mir net elo scho fir d’Zukunft plangen, da risikéiere mir, op e Seuil vun ënner 0,4 % vum PIB zrëckzufalen. Dat wier als Partner, deen awer zouverlässeg an engem solidarresche Bündnis wëllt handelen, net gutt.

Wat de virgesinne Budget ubelaangt, bleift hei och ze soen, dass deen net méi belascht wäert gi wéi elo hei virgesinn, well de Programm fonctionéiert iwwer Appels de fonds. Dat heescht, d’Sue ginn un d’NSPA iwwerwisen, a fir de Fall, wou manner Fluchstonne géife gebraucht ginn, da kritt een déi tatsächlech och guttgeschriwwen.

Ech géif dann hei op den Artikel zrëckkommen, dee geännert gëtt. Et handelt sech hei ëm en Article unique, dee festleet, dass eng Kéier um Niveau vun der Acquisitioun, wou ursprénglech 43 Milliounen virgesi waren, déi Zomm elo op 259 Milliounen soll eropgesat ginn, an um Niveau um Fonctionnement, also vun der Exploitatioun. Heirënner falen haaptsächlech déi operativ Käschte souwéi d’Käschten, déi un déi logistesche Gestéioun gebonne sinn, mee och Kerosin, Maintenance, Ersatzdeeler an esou weider. Dofir waren ursprénglech 129 Milliounen virgesinn. An dëse Poste geet elo op 339,4 Milliounen erop. Insgesamt leie mer da bei engem Montant vu 598,4 Milliounen, dee, wéi gesot, op 30 Joer berechent gëtt. Dat bedeit, dass mer an der Moyenne pro Joer laut dem urspréngleche Projet de loi bei bis 5,7 Milliounen geleeën hätten a mir elo heimaddeer op 19,9 Milliounen pro Joer eropklammen. Dës Densitéit lafen iwwert de Fonds d’équipement militaire.

Wat d’Antecedanten ubelaangt vun dësem Projet de loi: De Projet ass den 23. Dezember 2019 deposéiert ginn. Den Avis vum Staatsrot koum de 25. Februar 2020. De Projet ass an zwou Kommissiounszétsungen analyséiert a presentéiert ginn, nämlech de 14. Mee an den 28. Mee 2020. De Rapport ass ugeholl ginn de 14. Juli.

Fir op den Avis vum Staatsrot zrëckzekommen: Deen huet a sengem Avis ugemierkt, dass d’Autorisationsgesetz sech eeben drop beschränken, der Regierung d’Recht ze ginn, eng gewëssen Zomm fir en definéierte Projet auszeginn. Hei huet jo schonn eng Loi d’autorisation vun 2016 bestanen, déi eeben elo misst no uewe redresséiert ginn.

Dozou mengt de Staatsrot, dass et duerchaus méiglech ass, dat ze maachen ënnert der Konditioun, dass déi initial Enveloppe nach net opgebraucht ginn ass, wat hei definitiv de Fall ass, an dass et dem Staatsrot no preferabel wier, wann een dann e ganz neit Gesetz géif stëmmen, dat dann eng reng Augmentatioun fir de Rescht vun der Lafzeit géif ofdecken.

Wat dëse Punkt ubelaangt, hu mir eis an der Kommissioun awer drop géeneegt, kee separat Gesetz ze maachen, an dat aus dësem Grond: D’initial Enveloppe ass, wéi gesot, nach wäit dervun ewech, opgebraucht ze sinn, an et wier doduerch och organisatoresch a budgettechnesch ganz schwierig, ze entbrutzelen, wéi eng Depense elo op den initiale Projet de loi misst kontabiliséiert ginn a wéi eng op deen neien.

Ausserdeem hat de Conseil d’État nach zwou weider Froen opgeworf, wat d’Lafzäit vun den 30 Joer ubelaangt a wéini déi uginn, 2016 oder 2020, wou mer preziséiert hunn, dass dat 2016 bleift, well mer d’Lafzäit vum Projet net wëlle verlängeren. An en huet och nach d’Fro bezüglech dem Plafonnement vun den Depensen, déi un d’wirtschaftlech Situatioun ugepasst sinn, gestallt. De Projet de loi gesäit ursprénglech vir, d’Joresangab vun 2015 duerch déi vun 2019 ze ersetzen. An duerfir stellt sech d’Fro, op wéi enger Basis d’Depensé sollen appreciéiert ginn, déi tëscht 2015 an 2019 getätégt gi sinn.

Ech géif just ganz kuerz gären awer op verschidde Froen zrëckkommen, déi an der Kommissioun traitéiert gi sinn, well et handelt sech hei awer ëm en, budgetär gesinn, wichtige Projet a wou natierlech och eng Partie Froen handendrun hänken. An do waren e puer Froen, déi ëmmer erëm gestallt gi sinn. An eng dovunner

war, firwat d’Pilote vum A400M net op dëse Maschinne kënnen fléien oder ausgebild ginn. An dozou ass ze soen, dass eis A400M-Piloten net tel quel kënnen op den MRTT-Programm affektéiert ginn, well mir se natierlech am Kader vun eise Engagement an der binationaler Unitéit A400M mat der Belsch brauchen.

Et ass zwar net ausgeschloss, dass eis Composante aérienne och ausgebaut gëtt, mee de Rekrutement vun neie Piloten ass net esou einfach. Et ass e laangwierige Prozess an den Taux d’échec ass relativ héich. Doriwwer eraus muss een och wëssen, dass déi finanziell Konditiounen am Privé méi interessant si wéi am Kader vun der Arméi, an duerfir verléiert een och gäre gutt Kandidaten un de Privatsecteur.

Wéi gesot, fir 1.200 Fluchstonnen ze operéieren, brauch ee 45 Persounen. Am Verglach dozou den A400M: Do hu mer sechs Piloten a sechs Persoune fir de Soutien technique virgesinn.

Eng weider wichteg Fro, déi e puermol opkomm ass, ass déi vun der Finalitéit vun deene Fluchstonnen, also wat fir ee Genre vun Asätz geflu ginn. Virun allem ass dorunner och d’Fro gekoppelt, ob een als Land kann ee gewëssenen Asatz refuséieren. Hei hu mir erkläert kritt, dass all Land d’Zigel an der Hand behält an eebe selwer entscheede kann, fir wéi ee Genre vun Asätz seng Stonne gebraucht ginn. All Land entscheet domadder souverän iwwer seng Quote-part vun de Fluchstonnen, an et gëtt och keng Obligatioun, sech un iergendenger Militäroperatioun ze bedeelegen, esou wéi dat am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi festgehalen ass.

Voilà! Fir all weider Detailer - ech gesinn nämlech, meng Zäit ass schonn eng Zäichen hei ofgelaf - géif ech op mäi schrëftleche Rapport verweisen a soen Iech heimaddeer Merci fir d’Nolauschteren a ginn natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Madamm Rapportrice Stéphanie Empain. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Här Halsdorf, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, effektiv gi mat dësem Projet de loi besteeënd Capacitéite gestärkt an der NATO an och an Europa. Dat entsprécht engem politesche Wëllen, deen ageféiert ginn ass scho viru laanger Zäit, fir Pooling-and-Sharing ze maachen oder Smart Defence, wéi een dat nennt, dat heescht, wou Länner sech zesummendinn a versichen, feelend Capacitéiten ze schafen.

Dee Projet hei geet schonn op d’Joer 2012 zrëck, soll een nach eng Kéier soen. Et ass nämlech och deemools schonn eng Lettre d’intention ënnerschrifwe gi vu Lëtzebuerg ënnert, ech géif bal soen, dem Lead vun den Hollänner, fir esou eppes ze maachen.

Hei ass jo dann de „Multi-Role Tanker Transport“-Programm, deen Zaldoten a Material transportéiert an dan och Air Refueling mécht. Ech mengen, de Rapport vun eiser Rapportrice, dee mëndlechen an dee schrëftlechen, ass ganz detailléiert. Ech wëll hir och Merci soen duerfir an net méi dorop agoen.

Mee dëse Projet ass am Fong geholl dann d’Suite vum Projet vun 2016 nach ënnert dem Minister Schneider. An dëse Projet läit manifestement op der Linn vun der Verteidigungspolitik hei zu Lëtzebuerg, an der EU an an der NATO. A vum Fong aus mécht dee Projet Sënn. E läit an der Kontinuitéit an et kann een en nëmmen ënnerstëtzen.

Ech gesinn awer och problematesch Punkten, déi wollt ech awer uschwätzen, an zwar zwee Stéck. Well de Fong, hunn ech gesot, mécht Sënn, ass gutt, mee d’Form.

Zwu Froen: Firwat dëse Package? Mir kréien dat duergestallt, dee Package, et ass dräimol 172, oder 595 Milliounen, dat ass méi wéi dräimol dat, wat mer 2016 gestëmmt hunn. Dat ass de politesche Wëllen. Deemools, 2016, huet Äre Virgänger, den Här Schneider, nach gesot, et ass an der Chamber diskutéiert ginn, an do hu se gesot: „Jo, déi Sue gi souwisou zrëck, wat mer do mussen erabezuelen, well wann elo nach Länner bäikommen, da geet et zrëck, da gëtt et manner ze bezuelen.“

Hei ass awer elo just de Contraire. Hei bezuele mer bal 600 Milliounen iwwer 30 Joer, fir eeben dee ganze Fliger ze finanzéieren. A mir kréie gesot: „Dat ass eng Opportunitéit.“ Dat ass richtig. Mee et ass awer just eng finanziell Enveloppe, déi mer hei bréngen, an eis Partner bréngen dann d’Personal. An do stellen ech